DE

BEEFORTER

Informatiounen
aus der Gemeng Beefort

N°56

/GemengBeefort
/Beeforter

www.beaufort.lu
www.beeforter.lu

Impressum

Editeur: Gemeng Beefort

Redaktioun: Jos. Nerancic
E-mail: jos.nerancic@beaufort.lu
Website: www.beaufort.lu / www.beeforter.lu

Konzept a Layout : GR-ink

Fotoen: Jos. Nerancic, Claire Picard, Didier Loos, Alphonse Haaker, Marc Hoffmann, Monique Mathieu, GR-ink, Syndicat d'initiative et du tourisme Beaufort, Beeforter Scouten, Beeforter Pompjeeën, Beeforter Kulturkommissioun, Léierpersonal aus der Schoul.

Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.

Drock: Imprimerie Centrale, Luxembourg – gedréckt op recycléiertem Pabeier

Redaktiounsschluss fir den nächsten "De Beeforter": 30. November 2017

Eng nei Ausriichtung an der Kommunikatioun

Éier déi nei Ausriichtung an der Kommunikatioun virgestallt gëtt ass et un der Rei fir dem Lou a Camille Brandenburger ee grousse Merci ze soen. Zënter Jore ware si fir "De Beeforter" mat zoustänneg.

Den aktuellen "De Beeforter" ass ee weidert Puzzlestéck vun enger koordinéierter Informatiounspolitik bannen der Gemeng an no baussen hin. D'Relève gouf vum Jos. Nerancic iwwerholl, deen zënter 2004 hei zu Beefort wunnt an eng Erfahrung vun iwwer 20 Joer am Journalismus huet, déi hien beim Lëtzebuerger Wort gesammelt huet. Zënter Enn Abrëll schafft hien op der Gemeng an huet ënner anerem dofir gesuergt, datt an der leschter Zäit eng Rei Artikelen an der Sauerzeidung an op mywort.lu veröffentlecht goufen.

An de leschte Joren huet sech d'Kommunikatioun ënnert a mat de Leit verännert. Haut ziele sozial Medien ewéi zum Beispill Facebook bei ville Leit, zemools bei der Jugend, zum feste Bestanddeel vum Alldag. Eng openeen ofgestëmmte Koordinatioun erméiglecht nei Weeër anzeschloen a besser Neiegkeeten aus dem Duerf ze verbreeden. Den offizielle Site vun der Gemeng (www.beaufort.lu) kritt geschwënn een neit Gesiicht an zanter August ass d'Gemeng och op Facebook vertrueden: www.facebook.com/GemengBeefort.

D'lescht Joer sinn op privater Initiativ den Internetsite www.beeforter.lu entstanen mat enger Facebook-Säit (www.facebook.com/beeforter). Déi zwou Internetpräsenze sinn dobäi vun der Gemeng iwwerholl ze ginn a bidden eng Plattform fir déi lokal Noriichten, de Veräiner an och de Beeforter Leit oder fir jiddereen, deen un der Beeforter Aktualitéit an dem Veräinsliewen interesséiert ass. Des Weideren huet d'Gemeng een Twitter-Kanal, deen an enger zweeter Etapp méi aktiv wäert ginn, grad esou ewéi den Écran iwwert dem Populatiounsbüro am Gemengenhaus.

"De Beeforter" wäert an Zukunft eng véier Mol pro Joer mat enger anerer Reiefolleg erauskommen. Als éischt kommen d'Gemengerotssëtzungen an duerno d'Aarbechten an der Gemeng. Et gi grouss Projeten a vill kleng anerer, déi een oft nit gesäit an awer musse gemeet ginn. Wa verschidde Schantercher méi laang dauere ewéi virgesinn, da gëtt dat och erkläert grad esou wéi d'Prozeduren a Reglementer. Gréisser Projeten, déi am Gemengerot décidéiert ginn, ginn hei virgestallt. Uschléissend kënnt d'Plaz fir grouss Reportagen aus der Gemeng. Dat kënnen aktuell Themen ewéi d'Décisiounen oder Projeten aus der Gemengerotssëtzung, Hannergronnberichter oder och ee Bléck an d'Geschicht sinn. Weider Rubrike sinn d'Geschäftsliewen a Sportaktivitéiten aus dem Duerf. Zum Schluss kënnt d'Chronik. Hei stinn déi sämtlech Manifestatiounen aus der Gemeng an och d'Generalversammlungen an d'Aktivitéite vun de Veräiner. Dës Ausgab vum "De Beeforter" am neien Layout gouf vun der Grafikagence GR-ink entworf an ass de Grondsteen fir déi nächst Ausgaben, déi mat der Zäit ugepasst ginn.

Jos. Nerancic - De Reporter aus der Gemeng fir d'Gemeng (jos.nerancic@beaufort.lu)

GEMEINDERATSITZUNGEN

Sëtzung vum

3. Abrëll 2017

Ordre du jour

Mitteilung des Schöffenkollegiums

1. Beschlussfassung betreffend den Ankauf verschiedener Land- und Waldparzellen
2. Beschlussfassung betreffend punktuelle Änderung des Bebauungsplanes in der route d'Eppeldorf in Befort
3. Vereinsstatuten
4. Gewährung von Subsidien

Verschiedenes

Präsenzen (8/8): Camille Hoffmann (Buergermeeschter); Lily Scholtes an Emile Wies (Schäffen); Cindy Pereira, Jean-Paul Post, Andreza Sanguessuga, Jean-Paul Stirn a Romain Thielen (Gemengeréit).
Georges Rischette (Gemengesekretär).

An der Gemengerotssëtzung goufen d'Punkte vum Ordre du Jour eestëmmeg ugeholl. Virum éischte Punkt goufen et nach e puer Matdeelunge vum Schäfferot. Op den Dag vum neie Pompjeesbau ass eng Fotovoltaikanlag virgesinn an hei kënne sech d'Leit akafen a vun hirem eegene Stroum profitéieren. Eng Aarbechtssëtzung mat de Verantwortleche ass geplangt. D'Preparatioune fir de Chantier zu Déiljen sinn amgaangen an de Chantier fänkt an der Laf vun der Woch un. Am Dossier vum Postgebai ass Bewegung komm a weider Entrevue si virgesinn. Geplangt sinn ausserdeem eng Packstatioun, Postshop an ee Bancomat vun der Post. Bei der Grouss Botz de leschte Samsdeg ass opgefall, datt sech vill Kanner a Jugendlech bedeelegt hunn.

Punkt 1: Ee Stéck vu sechs Ar um Hondsbierg zu Déiljen gouf fir am Ganzen 1.500 Euro ofkaaft a fir weider Parzellen (Total 52,07 Ar) zu Beefort an der Géigend vum Schlass beleeft sech de Präis op 11.000 Euro.

Punkt 2: Eestëmmeg ugeholl.

Punkt 3: Déi nei Statute vun de Beeforter Pompjeeë goufen zur Kenntnis geholl.

Punkt 4: D'Amicale, déi d'Schlassfest organiséiert, kritt wéi an de leschte Joren ee Subsid vu 1.500 Euro.

Ënner Verschiddenes woren d'Themen den Internetsite vun der Gemeng Beefort an de Gemengebuet "De Beeforter", d'Aarbechten an der Eppelduerferstrooss, de villen Dreck an der Halerstrooss an d'Verkéiersproblematik bei der Kräizung rue du Château, rue Kummel an de Parking fir bei d'Schoul virun an no de Schoulzäiten.

Sëtzung vum

3. Mee 2017

Ordre du jour

Mitteilung des Schöffenkollegiums

1. Genehmigung verschiedener Einnahmen

2. Genehmigung eines Reglementes betreffend Nutzung der Dachflächen von Gemeindegebäuden

3. Beschlussfassung betreffend Aufnahme von zwéi Gemeinden ins interkommunale Abwassersyndikat SIDEST

4. Genehmigung eines Kostenvoranschlags betreffend Erneuerung der Heizungsanlage in der Schule

5. Gewährung einer einmaligen Prämie an das nicht beamtete Personal

6. Ratifizierung eines Beschlusses des regio-

nalen Sozialamtes

Verschiedenes

Präsenzen (8/8): Camille Hoffmann (Buergermeeschter); Lily Scholtes an Emile

Wies (Schäffen); Cindy Pereira, Jean-Paul Post, Andreza Sanguessuga, Jean-Paul Stirn a Romain Thielen (Gemengeréit).
Georges Rischette (Gemengesekretär).

Enner Matdeelunge vum Schäfferot goufen zwou Theme behandelt: de Minigolf an d'Postgebai. De Compromis vum Minigolf sollt déi lescht Woch ënnerschriwwe ginn mais d'Géigepartie huet hei op der Gemeng séng Ennerschrëft op de Pabeier nit gesaat. Sou bleift et weider beim Status quo. Wat d'Postgebai betrëfft, sou laafen d'Gespréicher nach ëmmer weider an deemnächst wäert eng Entrevue mam Fonds de logement sinn fir ze kucken ënnert wéi eng Konditiounen sozial Wunnenge kënnen drakommen.

Sämtlech Punkte goufen eestëmmeg ugeholl.

Punkt 1: Den Total vun de verschiddenen Einname beleeft sech op 1.468.297,89 Euro.

Punkt 2: D'Reglement betreffend d'Notzung vun den Dachfläche vun de Gemenge erlaabt et, fir eng Photovoltaikanlag opriichten ze duerfen.

Punkt 3: D'Demande vun de Gemenge Fréiseng a Manternach fir an d'interkommunaalt Ofwaassersyndikat Sidest opgeholl ze ginn gouf mat engem Jo beäntwert.

Punkt 4: D'Heizzentral vun der Schoul huet eng Kapassitéit vu 610 kW am Ganzen, déi sech zesummesetzen aus 300 kW (Holzkessel) an 310 kW (Uelegkessel). Den Total vun der Leeschtung vun der neier Schoul (240 kW), al Schoul mam Sports- a Judossall (170 kW), Jugendherberge (200 kW), Spillschoul (60 kW), de Pompjeesbau mat den technesche Servicer (50 kW) an dem Holzlager (6 kW) beleeft sech op 726 kW. Zielt een d'Netzverluste vu fënnef Prozent an eng „abgeschätzte Gleichzeitigkeit im Nahwärmenetz" vun 80 Prozent da kënnt een op eng maximal Nennwärmleistung vun 581 kW. Rechent een nach den neie Pompjeesbau dobäi (40 kW), da kënnt een op 610 kW, dem Maximum vun der Heizzentral an ët si keng Leeschtungsreserven méi do. Déi geplangte Maison relais däerf een an dësem Zesummenhank nit vergiessen. D'Holzhackschnitzelanlag ass an engem relativ gudden Zoustand mais et ginn zwou schwaach Punkten: Déi relativ ëmständlech Entsuergung vun den Äschen an déi baulech Gegebenheeten erlabe keng Installatioun vu modernen a méi leeschtungsstaark Holzkesselen. D'Liewensdauer vum aktuellen Holzkessel kënnt sou lues awer sécher op en Enn an an Zukunft kann ee mat opwänneg an deiere Reperature rechnen. D'Versuergungssécherheet hëlt of.

Aus de virdru genannte Grënn ass een Austausch vum aktuelle Holzkessel duerch een neien Hackschnitzelkessel vun der neister Generatioun mat 500 kW Leeschtung eng optimal Léisung, déi duerch de Bau vun engem Lichtschacht mat integréiertem Lastenaufzug ënnerstëtzt gëtt. D'Leeschtungsreserve wäert da bei ronn 200 kW leien. Den Devis fir den Ëmbau vum Heizungsraum an den Austausch vum neie Kessel beleeft sech op 371.158,89 Euro.

Punkt 5: Déi vum Staat an der Gewerkschaft ausgehandelt Prime unique ass approuvéiert ginn.

Punkt 6: D'Zuel vun den Dossieren, den Demanden a Consultatiounen beim regionale Sozialamt vun de Gemenge Beefort, Bech, Bäerdref, Konsdref a Reisduerf hei zu Beefort ass an de leschten Joren ëmmer méi an d'Lucht gaangen. Am Joer 2011 hunn 118 Stéit an 69 Persounen dëse Service an Usproch geholl a 2016 woren ët 270 Stéit. Dobäi kënnt nach, datt d'Dossieren ëmmer méi komplex gi sinn. Aus deene Grënn freet de Conseil d'administration vum regionale Sozialamt d'Schafung vun engem hallwe Poste vun engem zousätzlechen Assistant social.

Enner Verschiddenes woren ë.a. een Thema: Journée des bourgmestres, Anti-Drogen-Dag an der Schoul, Rassemblement des Beaufort 2018 hei zu Beefort, d'Weieren, d'Spuerkeess, d'Grondhafferstrooss, d'Bréck zu Déiljen a verschidde Gebeier um Grondhaff .

Déi nächst Versammlung ass den 31. Mee.

D'Sëtzung gouf um 20.07 Auer opgehuewen.

Sëtzung vum

31. Mee 2017

Ordre du jour

Unter Ausschluss der Öffentlichkeit

1. Ernennung von Lehrpersonal
Öffentliche Sitzung

Mitteilung des Schöffenkollegiums

2. Genehmigung verschiedener Einnahmen

3. Genehmigung des Restantenetat aus 2016

4. a) Genehmigung der Schulorganisati on 2016/2017
b) Genehmigung des "Plan d'encadrement périscolaire"

5. Feldwegeprogramm

6. Vereinsstatuten

7. Gewährung von Subsidien

Verschiedenes

Präsenzen (8/8): Camille Hoffmann (Buergermeeschter); Lily Scholtes an Emile Wies (Schäffen); Cindy Pereira, Jean-Paul Post, Andreza Sanguessuga, Jean-Paul Stirn a Romain Thielen (Gemengeréit).
Georges Rischette (Gemengesekretär).

Sämtlech Punkte goufen eestëmmeg ugeholl.

Punkt 1: Vun den dräi Kandidature gouf am Laf vum Moien eng Kandidatur zréckgezunn an esou goufen dann d'Susi Wagener (Préscolaire) an d'Céline Pereira (Primaire) ernannt. Ausgeschriwwe ginn nach ee ganze Poste fir C2-C4, ee Surnumerar C2-C4 an nach een halwe Poste Surnumerar C1.

Punkt 2: Den Total beleeft sech op 405.645,71 Euro.

Punkt 3: Hei ass den Total vu 63.815,68 Euro.

Punkt 4a & ab: D'Schoulorganisatioun 2017/2018 fir viraussiichtlech 339 Kanner an de "Plan d'encadrement périscolaire" goufen ugeholl.

Punkt 5: Et ass virgesinn d'nächst Joer de „Kinnenweg" op enger Längt vun 155 Meter an 3,50 Meter breet ze goudronnéieren.

Punkt 6: Déi nei Statute mam neie Comité vum Club des Jeunes vu Beefort goufen zur Kenntnis geholl.

Punkt 7: Folgend Veräiner resp. Veranstaltunge kruuten een Extrasubsid zougesprach: Oktoberfest vum (Syndicat d'initiative et du tourisme de Beaufort, Eltereverenegung, Judo Club, PaprikArt) 500 Euro, Blues'n'Rock Beaufort (Theaterfrënn Beefort) 500 Euro an d'Lëtzebuerger Guiden a Scouten – Groupe Frère Roger de Taizé vu Beefort, de virun zwee Joer gegrënnt gouf, 5.000 Euro als eemolegt Startkapital.

Ënner Verschiddenes goufe folgend Themen ugeschwat: d'Entrée vum Kummelsbau, Propose vun der Commission consultative communale d'intégration, d'Holzstee, de Camping Schaaf zu Déiljen, d'Aarbechten an der Rue de la Sûre zu Déiljen, Nordliicht TV an de Knascht, deen aus verschiddene Camionette vun Entreprisen aus der Géigend op d'Strooss geheit gëtt.

D'Sëtzung gouf um 20.31 Auer opgehuewen an duerno huet de Pompjeeskommandant Alex Pereira dem Gemengerot den neie Mannschaftstransportwon virgestallt.

Déi nächst Sëtzung ass op en Dënsdeg, den 11. Juli, um 19 Auer festgeluecht ginn.

Sëtzung vum

11. Juli 2017

Ordre du jour

Mitteilung des Schöffenkollegiums

1. Genehmigung verschiedener Einnahmen

2. Genehmigung eines Kostenvoranschlags betreffend Bau einer neuen Schule mit Maison Relais für die Kinder im Vorschulalter

3. Festsetzung der Hebesätze von der Gewerbesteuer für 2018

4. Festsetzung der Hebesätze von der Grundsteuer für 2018

5. Mitteilung des Mehrjahresplanes (PPF)

6. Gewährung von ausserordentlichen Subsidien

Verschiedenes

Präsenzen (7/8): Camille Hoffmann (Buergermeeschter); Emile Wies (Schäffen); Cindy Pereira, Jean-Paul Post, Andreza Sanguessuga, Jean-Paul Stirn a Romain Thielen (Gemengeréit).
Absence: Lily Scholtes (Schäffen), krank.
Georges Rischette (Gemengesekretär).

De Schäfferot huet matgedeelt: D'Soumissioun fir d'Kläranlag gouf de 24. Juni opgemeet an am November 2017 gëtt ugefaange mat Bauen, mam Waasserbaseng kënnt een och virun, an enger Réunioun mam Ministère de Développement durable et des Infrastructures gouf iwwer d'Zone 30 geschwat an am Dossier Ferme Schaaf mam Fonds du Logement ass Beweegung komm.

Sämtlech Punkte vum Ordre du jour goufen ugeholl.

Punkt 1: Den Total vun den Einname beleeft sech op 3.361.403,38 Euro. De gréissten Deel, 3.232.484 Euro, staamt aus de "Recettes du fonds de dotation globale des communes".

Punkt 2: Déi nei Spillschoul mat der Maison Relais huet eng Bruttogrondfläch vun ongefëier 832 Quadratmeter, inklusiv Aussen- a Bannemaueren an Haapt- an Nieweraim. Um Rez-de-chaussée sinn dräi Säll fir d'Spillschoul an ee Sall fir d'Maison Relais. Um éischte Stack sinn dräi Säll fir d'Spillschoul an zwee Säll fir d'Maison Relais. Pro Spillschoulsall sinn 18 Kanner a bei der Maison Relais si 15 Kanner virgesinn. Dat mécht een Total vun 108 Kanner an der Spillschoul a 45 Kanner an der Maison Relais. D'Gebai huet am Ganze Plaz fir 153 Kanner a gëtt gebaut a Massivholzbauweise mat Konstruktionsvollholzdecken. Nodeems den Avant-Projet de 15. November 2016 gestëmmt gouf, ass den aktuelle Projet détaillé eestëmmeg ugeholl ginn. Den aktuellen Devis beleeft sech op 5.670.025,16 Euro.

Punkt 3: D'Gewerbesteier bleift bei 270 Prozent.

Punkt 4: Souwuel den Taux d'impôt A an den Taux d'impôt B leie weiderhin bei 360 Prozent.

Punkt 5: De PPF gouf un d'Membere vum Gemengerot verdeelt.

Punkt 6: Folgend Subsiden si gestëmmt ginn: Elterevereenegung Beefort 2.640 Euro (fir d'Schoulfest), Sécurité Routière 150 Euro, Île aux Clowns 25 Euro an Omega 90 25 Euro.

Punkt 7: Ënner Verschiddenes goufe folgend Theme beschwat: d'Schoulfest, eng Visite vun der Bëschcrèche, de Rassemblement des Beaufort den 9. an 10. Juni 2018, e Kontrakt mam Forum pour l'emploi fir d'Spillplazen, no der Schléissung vun der Spuerkeess-Agence hei zu Beefort soll ee "Money Truck" eemol pro Woch op Beefort kommen an d'Sécherheet vun jonke Vëlosfuerer, déi sech net un de Code de la Route halen.

D'Sitzung gouf um 20.07 Auer opgehuewen an déi nächst Gemengerotssitzung ass festgeluecht ginn op e Freideg, de 15. September, ëm 19 Auer.

Sëtzung vum

15. September 2017

Ordre du jour

Mitteilung des Schöffenkollegiums

1. Genehmigung verschiedener Einnahmen

2. Genehmigung des Holzfällungs- und Kulturplanes für 2018

3. Budgetabänderungen

4. Beschlussfassung betreffend Klimapakt

5. Genehmigung von notariellen Akten

Verschiedenes

Präsenzen (7/8): Camille Hoffmann (Buergermeeschter); Emile Wies (Schäffen); Cindy Pereira, Jean-Paul Post, Andreza Sanguessuga, Jean-Paul Stirn a Romain Thielen (Gemengeréit).
Absence: Lily Scholtes (Schäffen), krank.
Georges Rischette (Gemengesekretär).

An der leschter Gemengerotssëtzung virun de Wahlen goufe sämtlech Punkten eestëmmeg ugeholl. Ënnert Matdeelunge vum Schäfferot goufe folgend Themen ugeschwat: Dëse Méindeg ass eng Pressekonferenz an der Maison Theis mat der Virstellung vum Bilan 18 Méint Naturpark Mëllerdall, d'Chrëschtbeliichtung

a verschidde Reuniounen. D'Aarbechte vum neie Pompjeesbau si liicht a Verzuch geroden an dee gëtt vum neie Schäffen- a Gemengerot ageweit.

Punkt 1: Den Total vun den Einname beleeft sech op 500.294,37 Euro an de gréissten Deel dovunner staamt vun de Waasser- a Kanaltaxen.

Punkt 2: D'Gesamtinvestitioune belafe sech op 192.350 Euro an et ginn Einname vun 98.100 Euro erwaart.

Punkt 3: Am Budget ordinaire goufen Upassungen vun 68.659 Euro an am Budget extraordinaire vun 1.680 Euro genehmegt.

Punkt 4: Eestëmmeg ugeholl.

Punkt 5: Am Ganzen handelt et sech ëm fënnef Akten, dovunner dräi Emprisen un der Route d'Eppeldorf.

Punkt 6: D'Journée nationale de commémoration gëtt den 10. Oktober um 19 Auer zelebréiert. De Camille Hoffmann huet dem austriedende Schäffen- a Gemengerot an deene zwee Leit, déi nit méi untrieden, ee grousse Merci gesot fir déi konstruktiv Aarbecht an de Romain Thielen huet ebenfalls Merci gesot.

D'Sëtzung gouf um 19.54 Auer opgehuewen.

No der leschter Gemengerotssëtzung: (v.l.n.r.): Georges Rischette, Jean-Paul Stirn, Camille Hoffmann, Cindy Pereira, Romain Thielen, Andreza Sanguessuga, Emile Wies a Jean-Paul Post. Op der Foto feelt Lily Scholtes (krank).

Bilanz der Mandatsperiode 2011 – 2017

In den vergangenen sechs Jahren wurde sehr viel von dem austretenden Gemeinderat mit seinen zukunftstragenden Ideen in die nachhaltige Entwicklung und Attraktivität der Gemeinde Beaufort und die Verbesserung der Lebensqualität seiner Bürger investiert. Die Gemeindeinfrastrukturen wurden weiter konsequent ausgebaut und vervollständigt. Zu den Aushängeschildern zählt der 2013 eingeweihte Komplex der neuen Jugendherberge mit einer „maison relais-crèche". Die Kinderbetreuung und Essenszubereitung vor Ort wird von der Jugendherbergenzentrale gewährleistet.

Die Neugestaltung des Kioskplatzes mit dem neuen Getränke- und Imbissstand im Dorfzentrum ist nicht nur ein Mehrwert für die Allgemeinheit, sondern erleichtert auch den lokalen Vereinen die Organisation und Austragung ihrer Veranstaltungen.

Erweitert wurde der zentrale Schulkomplex mit einer Sporthalle, neuem Fitnessraum, einem Tribühnenbereich und integriertem Airtrump für Kleinkinder, wodurch auch die lokalen Sportvereine über bessere Trainingsmöglichkeiten verfügen.

Auf dem Instanzenweg befindet sich das vom aktuellen Gemeinderat gestimmte Projekt einer neuen Grundschule mit sechs Klassensälen sowie vier weiteren Sälen, die auch von der „maison relais" genutzt werden können, und das für insgesamt 153 Kinder.

Kurz vor dem Abschluss steht der Neubau für die lokale Feuerwehr, die ebenfalls zwei neue Einsatzfahrzeuge für die Notfalleinsätze des „First Responder" sowie einen neuen Mannschaftstransportwagen erhalten hat. In der heutigen Feuerwehrkaserne werden dann die technischen Dienste der Gemeinde später mehr Arbeitsräume haben.

Zur Sicherstellung des Wärmebedarfs dieser neuen Gebäude werden die Arbeiten zur Erneuerung der Zentralheizung für das Fernwärmenetz durch einen leistungsgrößeren Holzheizungskessel in Angriff genommen. Hinter der Halle des Forstbetriebs wird auch ein neues Lager für Holzhackschnitzel errichtet werden.

Erhebliche Summen wurden in die Erneuerung des Trinkwasser- und Kanalisationsnetzes sowie den Straßenbau investiert. In Befort stehen die aufwendige Arbeiten in der Route d'Eppeldorf vor dem Abschluss. In Grundhof wurde der CR121 bis Vogelsmühle erneuert und ein gesicherter Fussweg zr Hallerbachpromenade wurde angelegt. In Dillingen ist derzeit die komplette Instandsetzung der Rue de la Sûre in Angriff genommen.

Investitionen in die Erneuerung des Trinkwasser- und Kanalisationsnetzes sowie des Straßenbaus: route d'Eppeldorf in Befort (oben) und rue de la Sûre in Dillingen (unten).

Die Neuverlegung der Zufuhrleitung von der Quelle „Cloosbierg" in den Dillinger Wasserbehälter ist in Planung.

Diesbezügliche Vorbereitungsarbeiten, neuer Zufahrtsweg, Geländetausch, die Planung zur Vergrößerung sowie die komplette Erneuerung der Kläranlage sind soweit abgeschlossen und die ausgeschriebenen Arbeiten werden in diesem November beginnen.

Der Baubeginn der Kläranlage ist für November geplant.

Die Arbeiten am neuen Feuerwehrbau stehen kurz vor dem Abschluss.

Gleiches gilt für den neuen Wasserbehälter „op der Heed“, wo auch sämtliche benötigten Genehmigungen vorliegen. Die Arbeiten werden jetzt im September ausgeschrieben und Baubeginn ist dann im nächsten Frühjahr.

Weitere nennenswerte Projekte der vergangenen Jahre sind die Einrichtung einer „maison médicale“, der Umzug der Büros des regionalen „office sociale“ in einen neugestalteten Bereich der ehemaligen Jugendherberge während der andere Teil dieses Gebäudes von der neugegründeten Pfadfindergruppe benutzt wird. Die freigewordenen Räumlichkeiten des Anwesens Theis in der rue de l’Auberge werden jetzt ganz vom Natur- und Geopark „Mëllerdall“ als Verwaltungssitz und „Maison du Parc“ benutzt. Das alte Schulgebäude wurde für die „éducation précoce“ neu eingerichtet. Des Weiteren erhielt sie ein neues Dach, einen neuen zweckgebundenen Schulhof und einen frischen Fassadenanstrich.

Im jetztigen Gemeindehaus wurden die notwendigen Modernisierungsarbeiten der Büros durchgeführt und mit dem Ankauf des Anwesens Dussier stehen auch zukünftige weitere umfangreiche Räumlichkeiten für einen neuen Gemeindesitz zur Verfügung.
Im Tourismus-, Sport- und Freizeitbereich wurde ein zweites Multisportfeld bei der Eispiste gebaut, wo auch das Spielfeld mit den notwendigen Anlagen zur Abhaltung von Ligaspielen des lokalen Eishockeyvereins ergänzt wurden. Des Weiteren wird der lokale „Syndicat d’initiative et du tourisme“ tatkräftig seitens der Gemeinde unterstützt. Erneuert werden die Tourismusinfrastrukturen auf dem Campingfeld, im Freizeitbad sowie auf der Eispiste, insbesonders dessen Sanitärbereiche für den Eishockeyverein.

Die Neufassung des neuen Flächennutzugsplans (PAG) ist fast abgeschlossen. Die Einrichtung von „Tempo 20“- und „Tempo 30“-Zonen wurde bereits von der staatlichen Verkehrskommission begutachtet und werden wohl vom dem neuen Gemeinderat in Kraft gesetzt werden.

Wenn Sie diese Bilanz der letzten sechs Jahre gelesen haben, werden Sie feststellen, dass der austretende Gemeinderat unter Bürgermeister Camille Hoffmann, den Schöffen Lily Scholtes und Emile Wies sowie den Gemeinderatsmitgliedern Andreza Sanguessuga, Romain Thielen, Jean-Paul Stirn, Cindy Pereira und Jean-Paul Post eine zukunftsweisende und zielorientierte Politik im Interesse aller Bürger der Gemeinde Befort umgesetzt haben.

Vieles wurde verwirklicht oder befindet sich derzeit noch in der Umsetzung, beziehungsweise Planungsphase, so dass auch für die erneut kandidierenden Mitglieder des ausscheidenden Gemeinderates sowie neue Kandidaten noch vieles zu tun bleibt und zwar mit neuen Projekten und Ideen.

CaHo

Zéng Kandidate fir néng Plazen

E Sonndeg, den 8. Oktober, si Gemengewahlen. Eng 1.260 vu ronn 2.750 Awunner aus der Gemeng Beefort sinn opgeruff deen Dag tësche moies 8 Auer an nomëttes 14 Auer hir Stëmmen an engem vun den dräi Wahlbüroen ofzeginn. 78 Leit hunn am Virfeld d'Bréifwahl ugefrot an esou gesäit ee Wahlziedel aus:

Modèle d'un bulletin d'élection / Muster eines Wahlzettels

Elections communales du 8 octobre 2017

Election de 9 conseillers dans la **Commune de Beaufort**

Gemeinderatswahlen vom 8. Oktober 2017

Wahl von 9 Gemeinderatsmitgliedern in der **Gemeinde Befort**

CANDIDATS / KANDIDATEN

1	HOFFMANN Camille	
2	LEVY Sandra, épouse DROUET	
3	MARSON Marie-Ange, épouse IVELJ	
4	NOSBUSCH Jean-Luc	
5	PEREIRA Cindy, épouse DONNEAUX	
6	SANGUESSUGA NENE Andreza, épouse MEESTER	
7	SCHOLTES Lily	
8	STIRN Jean-Paul	
9	VAZZOLER Denis	
10	WIES Emile	

Reportage

EELEF BEEFORTER ZU BEAUFORT

Den 23. Rassemblement des Beaufort gouf dëst Joer iwwert de Päischtweekend zu Beaufort-sur-Doron an der Savoie ofgehalen. Fir eng Rei Beeforter ass dëst Géigend keng onbekannte Destinatioun: Zanter Jore fueren d'Schnéiklassen op Arêches, dat e puer Kilometer hannert Beaufort-sur-Doron läit.

Déi lëtzebuerger Beeforter Delegatioun huet sech aus eelef Leit zesummegesat: Camille Hoffmann, Suzy Grommes, Liette a Paul Riehl, Margot Flammang, Monique Trentin, Monique Brandenbourger, Tessy Pena, Alexandre Pereira, Marc Mossong a Jos. Nerancic.

Den Départ wor freides an déi éischt Etapp goung bis op Mâcon. Am spéiden Nomëtteg stoung ënner anerem d'Visite vun der Église Saint-Pierre an der Maison du Bois (gebaut tësche 1490 an 1510) um Programm. Den Dag drop gouf moies een Tour iwwert de Maart laanscht d'Saône gemeet an duerno ass et weider gaangen bis op Beaufort.

An der Association internationale des Beaufort sinn am Ganzen 13 Beaufort vertrueden: zéng aus Frankräich an all Kéiers een aus Amerika, Australien a Lëtzebuerg. Bei der 2017er Editioun woren d'Beeforter aus Amerika an Australien leider nit vertrueden. Op der Place Frison-Roche konnten déi lokal Beeforter am Ganzen 270 Participante begréissen, déi an 137 Familljen iwwernuecht hunn.

Sonndes stoung fir jiddereen eppes um Programm: d'Visite vun der „Coopérative laitière" (Fromage Beaufort), de „Vieux Beaufort" an eng „Randonnée des Cascades". Nom Mëttegiessen zu Arêches konnt een entweder de Lac de Roselend oder de Lac de St Guérin kucken. Virun der Generalversammlung vun der Association des Beaufort hunn déi Vertrieder ee klengen Haff besicht.

An der Generalversammlung gouf du bestätegt, wat schonns bekannt ass: 2018 ass de 24. Rassemblement des Beaufort hei zu Beefort an zwar vum 8. bis den 10. Juni 2018. Ofgeschloss gouf deen Dag mat engem Dîner-dansant fir sämtlech Participante, Organisateuren an d'Familljen, déi Iwwernuechtungen ugebueden hunn.

All Beaufort huet dann e Méindesmoies seng Spezialitéite virgestallt, déi ee schmaachen a kafe konnt. Zum Ofschloss gouf an der Mëttesstonn nach ee Gedenksteen, dee 450 Milliounen Joer al ass, ageweit an de Camille Hoffmann krut, als Organisateur vum Rassemblement 2018, de Flambeau iwwerreecht.

Beim Retour op Beefort hei zu Lëtzebuerg huet d'Delegatioun nach een Tëschestopp zu Annecy ageluecht.

Organisatioun 2018

Ewéi schonns gesot ass den nächste Rassemblement des Beaufort hei zu Beefort an zwar vum 8. bis den 10. Juni 2018. Tëschen 250 an 300 Leit ginn déi dräi Deeg erwaart an ewéi dës Joer wier et gutt, wann och mir hei zu Beefort souvill wéi méiglech Gäscht kéinten a Familljen ënnerkommen. An deem Sënn gëtt een Opruff gemeet, datt sech Leit scho Gedanke maache kënnen fir Leit fir e puer Deeg opzehuelen. Ee Formulaire wäert deemnächst um Internetsite www.beaufort.lu online stoen an dee wäert och an d'Haiser verdeelt ginn.

BIENVENUE AU 23ème
RASSEMBLEMENT DES BEAUFORT

LES Beaufort

sme
Lundi 5 juin
Beaufort
Place Prison Roche
8h30 à 11h30
Rencontre des Beaufort
Dégustation
Produits du terroir

MAIRIE

EE STAARKT SYMBOL

"1940 hunn an dëser Strooss d'Wittfra Clara Juda gebuere Stern an hire Jong Karel gewunnt. 1936 war déi jiddesch Famill virum Antisemitismus an Nazidäitschland op Lëtzebuerg geflücht. No der däitscher Invasioun, den 10. Mee 1940, sinn och hei zu Lëtzebuerg d'Nürnberger Rassegesetzer lues a lues a Kraaft getrueden. Duerch déi Ëmstänn gouf de Karel Juda an een Aarbechtslager bei Wittlech verschleeft an internéiert. 1941 konnt hien do ausbriechen an iwwer Düsseldorf a Beefort sech bis an d'Schwäiz duerchschloen, wou hien awer erëm ausgewise gouf. Heemlech koum hien 1942 op Beefort zréck. Hien huet seng Mamm awer net méi erëmgesinn. Nodeems si eng Zäit laang vun den Awunner vu Beefort geschützt a versuergt gi war, ass si den 28. Juli 1942 op Theresienstadt déportéiert ginn, a vun do op Auschwitz, wou si vergaast gouf. Trotz dem grousse Risiko gouf de Karel Juda spontan vu sengen Noperen, der couragéierter Bauerefamill Paul a Claire Jodocy-Godefroid opgeholl a bis zum Krichsenn an hirer Scheier verstoppt a versuergt. 1944 hu se och nach de Refractaire Theo Weber an dëser Stopp opgeholl.

Den aussergewéinlechen Zivilcourage vun der Famill Jodocy a ville Beeforter Bierger an dëse schwéieren Zäiten soll eis och haut nach ee Beispill sinn.

Zum Gedenken un déi 6 Milliounen Affer vum Holocaust.

Beefort, den 9. Juli 2017"

Dësen Text steet op der Gedenktafel, déi e Sonndeg, den 9. Juli, an der Grondhafferstrooss zu Beefort feierlech ageweit ginn ass. Begleet gouf d'Aweiung mat der Ausstellung "Between Shade and Darkness" vu MemoShoah am Kummelsbau. Nom Vernissage huet den Henri Juda, dem Karel Juda säi Jong, eng Konferenz gehal an huet iwwert d'Geschicht vu senger Famill geschwat. Dem Henri Juda (Joergank 1947) seng zwou Bomien an ee Brudder sinn am Holocaust ermort ginn a seng Mamm huet Auschwitz iwwerlieft.

Zu dësem Thema kënnt eng Spezialnummer vum "De Beeforter" eraus a wann iergendeen nach weider Informatiounen a Fotoen vun an zu der Famill Jodocy-Godefroid huet, deen ass gebiede sech mam Jos. Nerancic op der Gemeng zu Beefort a Verbindung ze setzen. Am Viraus villmools Merci gesot.

VANDALISMUS A MUTTWËLLEG ZERSTÉIERUNG AM BËSCH

De Projet "Schluchtwald", deen zanter 2014 leeft, gouf am Fréijoer Affer vu Vandalismus a muttwëlleger Zerstéierung. Eng Plainte ass bei der Police gemeet ginn.

D'Administration nature et forêts (AFN) huet an Zesummenaarbecht mat der Forstlichen Versuchs- a Forschungsanstalt Baden-Württemberg, déi eng enk Verbindung zu der Uni Freiburg huet, zwou Monitoringflächen an der Géigend hannert dem Beeforter Schlass installéiert. Dësen Deel vum Bësch tëschen gehéiert zu der „Natur 2000"-Zone, een europäescht Naturschutzgebitt.

Hei laanscht d'Huschbaach, dem Aleweier an dem Kléngelbour, sti Fichten, déi eigentlech do nit higehéieren. Ideal wiere Lafbeem an duerch eng Klumpenplanzung (40 Beem beieneen an ongeféier ee Meter héich) am Dezember 2015 sinn hei Bergahorn, Spitzahorn, Summerlannen, Mehlbeere, Weiden a Schwarzerle geplanzt ginn. Rondrëm d'Beem ass ee grénge Kuerf an dee verhënnert, datt d'Réi hei dru knabbere ginn. D'Entwécklung an de Fortschrëtt ginn all fënnef Joer dokumentéiert.

Wéi schonns gesot sinn déi jonk Beem vun onbekannte Leit erausgerappt ginn an och de Kuerf, deen d'Beem schützt, zerstéiert. Betraff sinn zwou Klumpenplanzungen, dat heescht ronn 80 Beem. Des Weidere gouf och d'Picknickbänk futti gemeet an an de Kléngelbour geheit. Dësen Akt vu Vandalismus ass der Police gemellt ginn an eng Plainte agereecht.

Zum Schluss nach ee klenge Hiweis, deen éischter an der dréchener Period besonnesch wichteg ass: Am Bësch ass kee Feier erlaabt an ee Fonke kann ee Bëschbrand ausléisen. D'Pompjeeë kënnen och nit mat hire Gefierer iwwerall bäikommen an esou kann aus engem klenge Feier ee grousst Feier entstoen.

Den Artikel iwwert de Vandalismus gouf de 5. Mee op www.beeforter.lu veröffentlecht a gläichzäiteg mat Facebook (www.facebook.com/beeforter) verlinkt. Laut de Statistiken goufen iwwert dee Wee 4.365 Persounen erreecht an den Artikel ass 15 Mol gedeelt ginn. Déi Woch drop, den 12. Mee, stoung een Artikel am Lëtzebuerger Wort an deen Hiweis op Facebook huet nach eng Kéier 886 Persounen erreecht.

ENG SENIORERESIDENZ AM FRÉIERE BUNGALOWPARK

Den 1. Juni ass d'Senioreresidenz "Petite Suisse" offiziell opgaangen. Bei dëser Geleeënheet huet de Claude Bartimes, Administrateur vun der "Promotion Immobilière Bartimes-Schilling SA", op d'Entwécklung vum Site agaangen. Hei war fréier ee Bungalow-Park an duerch d'Changementer am Tourismus-Sekteur gouf mat der Senioreresidenz eng Neiausrichtung fonnt.

Am Joer 1966 huet de Léon Bartimes een Terrain vun 1,78 Hektar kaaft fir ee "Village de vacances" opzeriichten, deen no 18 Méint Bauzäit an de Joren 1970/1971 fäerdeg ginn ass. Während 42 Joer, vun 1971 bis 2013, gouf hei de Bungalow-Park "Petite Suisse" exploitéiert. An nëmme sechs Méint (2013/2014) goufen d'Bungalowen dann demoléiert a bannen zwee Joer (2015 bis 2017) d'Senioreresidenz gebaut.

Wéi koum et zum Ëmschwonk? Zanter 2008 gouf et eng ekonomesch Kris am Tourismussecteur a während zwee Joer huet ee versicht d'Entreprise ze verkafen. Leider huet ee kee fonnt an esou huet een iwwer verschidden Avant-Projete nogeduecht an dobäi och eng Opspléckung a Betruecht geholl (2011). Zesumme mam Architekt Ludes koum et am Joer 2012 zur Planifikatioun vun engem Logement encadré an den éischte Businessplang fir eng Senioreresidenz gouf opgestallt. D'Joer drop sinn déi éischt Pré-Etuden gemeet ginn a vun Ufank un war d'Famill Hein um Projet bedeelegt. Am nämmlechten Joer ass de Projet dem Beeforter Schäfferot virgestallt ginn. 2014 gouf de Businessplang finanzéiert duerch d'Bank ING, ëmgesat an an de Joren 2015 bis 2017 huet K-Constructions gebaut.

No der Présentatioun vum Claude Bartimes huet Stéphanie Hein vu "Päiperléck – aides et soins à domicile – résidences Seniors" d'Konzept an d'Offer vun der Senioreresidenz "Petite Suisse" virgestallt während de Buergermeeschter Camille Hoffmann een Ableck an d'Entwécklung vun der Situatioun aus der Vue vun der Gemeng erkläert huet.

Hei ass den offizielle Pressecommuniqué vu "Päiperléck" a weider Informatioune ginn et och um hire Site www.paiperleck.lu:

Le jeudi 1er juin 2017, sera inauguré o¬ffciellement la nouvelle Seniorenresidenz Petite Suisse à Beaufort avec tous les corps de métier ainsi que des représentants communaux de Beaufort et environs.

La Seniorenresidenz Petite Suisse abrite 48 appartements de 62 mètres carrés avec chacun un balcon répartis sur deux étages. Les appartements o res des espaces modernes, optimisés et confortables à meubler par les résidents, afin qu'ils puissent se sentir chez eux. Ils peuvent être occupés de façon seule ou à deux (couple ou collocation). Les appartements sont en location avec un loyer / mois incluant diverses prestations.

Notre société Päiperléck Aides et Soins à Domicile – *Résidences Seniors est le prestataire de services au sein de la résidence.*

Nos prestations: gestion de la Seniorenresidenz Petite Suisse, encadrements soins et santé 24h /24, 7j / 7 par le personnel soignant, une réception au sein de la résidence occupée 5j / 7, gestion des appartements et des résidents, fournir une pension complète aux résidents au sein du restaurant principal, nettoyage des appartements en profondeur 1x / semaine, proposer des activités et animations aux résidents et proposer des lits de vacances pour des cours séjours.

La volonté de la Seniorenresidence Petite Suisse est d'accueillir des personnes souhaitant vivre dans une résidence dynamique, en toute sécurité et pouvant intervenir médicalement à tout moment.

De plus, grâce à l'installation de plusieurs commerces externes: Brasserie Beim Adelheid – Antenne du réseau d'Aides et Soins Päiperléck – Proxy Delhaize – Immo B&S – Centre de Thérapie Manuelle Ostéopathie – Boucherie Wietor – Bancomat BGL BNP PARIBAS et POST Luxembourg , la résidence accueillera un large public quotidiennement. Permettant aux résidents de rester en contact avec la vie

active et les gens extérieurs afin qu'ils ne se sentent pas isolés.

Notre priorité est d'assurer le bien-être de nos résidents.

A ce jour, la Seniorenresidenz est très heureuse d'accueillir plus 20 résidents et souhaite vous faire découvrir ses atouts lors l'inauguration o¬fficielle ou lors d'une visite annexe.

Nom offiziellen Deel mam Duerchschneide vum Bändche konnten d'Éieregäscht een Tour duerch dat neit Gebai maachen.



Bal 10.000 Artikelen op 650 Quadratmeter

Den 8. Juni sinn um 8 Auer d'Diere vum Proxy Delhaize an der Senioreresidenz „Petite Suisse" opgaangen. Déi offiziell Ouverture wor den Owend virdrun. Op 650 Quadratmeter fënnt een eng Auswiel vu bal 10.000 Produkter fir de Stot. D'Metzlerei Wietor ass och an dës Raimlechkeete geplënnert. Am Geschäft war ee Postshop ënnerbruecht, deen an der Tëschenzäit allerdéngs rëm zou ass. Geleet gëtt de Proxy Delhaize vum Raleb a Jacqueline Gomri. Parkplaze fënnt een der virun der Entrée (24) an och bannen an der Garage (23). Akafe kann ee vu méindes fir freides vun 8 bis 19 Auer, samschdes vun 8 bis 18 Auer a sonndes vun 8 bis 13 Auer.

proxy
Proxy
7/7

DÉI LESCHT EPICERIE VU BEEFORT

No méi wéi 50 Joer gouf e Samschdeg, den 10. Dezember, ee Schlusspunkt op eng Beeforter Geschicht gesat: “Den Hanff ass zou”. Op Nummer 79 un der Grand-Rue geleeën huet et Enn August/Ufank September am Joer 1966 alles ugefaangen. Op där Adress ass an Zesummenaarbecht mat der Brauerei Clausen ee renge Dépositaire entstanen. Ewéi d’Joer drop d’Schwämm opgaangen ass goufen déi éischt Versich ënnerholl fir eng Epicerie op d’Been ze stellen. De Succès huet der Décisioun Recht ginn an 1970 koum et zu engem Neibau mat enger Epicerie. Dat wor iwweregens den éischte Self-Service am Duerf an och wäit ronderëm an der Géigend. Am Joer 1989 koum dunn ee gréisseren Neibau bäi an 2002 ass et ee professionelle Dépositaire ginn.

Wéi schonns gesot ass no iwwer 50 Joer am Déngscht fir hier Clienten Schluss an ee Kapitel an der Beeforter Lokalchronik zu Enn gaangen. Mat engem Patt fir hiert Personal an hir Clienten hunn de Guy an d’Gaby Hanff Merci gesot an et wor schonns ee besonnesche Moment wa kuerz no 17 Auer d’Dir definitiv zou gemeet gouf. Herno beim Äddi konnt een engem déi eng oder aner Tréin gesinn an trotzdem gouf sech de ganzen Dag un déi schéi Momenter vun dem hallwen Joerhonnert erënnert.

Vu lénks no riets:
Carmen Krecké, Max Steinmetz, Yasmine Grethen, Chris Scheier, Gaby Hanff, Guy Hanff, Monique Hanff, Conny Hanff mam Zoé Steinmetz a Sascha Hanff.

ALLES FIR DE CAMPING AN NACH VILL MÉI

Op Nummer 79 un der Grand-Rue leeft mam „Campingworld“ zanter Januar eng nei Aktivitéit op där Adress. Eng Ausstellungsfläch vun iwwer 300 Quadratmeter erlaabt dem Gérant Yves Schlim ganz aner Méiglechkeeten ewéi op der virechter Plaz am Ausgank vun Dikrech Richtung Steeën.

Als laangjärege passionéierte Camper weess den Yves Schlim ganz genau wat vun Artikele gebraucht ginn an dat ass ënner aneren ee vun de Grënn firwat „Campingworld“ zu de Spezialiste op deem Gebitt zu Lëtzebuerg an an der Groussregioun zielt. Zelter, Dëscher, Still, Kichen, Frigoe mat Gas, Griller, chemesch Toiletten, Duschen, Réckspigel, Batterien, Fernseher sinn nëmmen eng kuerz Opzielung, wat ee bei „Campingworld“ fënnt. Och Solaranlage mat Montage automatesch Parabolantennen ginn ugebueden. Eng weider Spezialitéit ass d’Installatioun vun Gasfläschen aus Aluminium an d’Gefierer ewéi Campingcar oder Karawannen an dat am eegenen Atelier. Des Weidere kann een och Gasfläsche kafen a geliwwert kréien.

Och kann ee Remorquen lounen a kafen (mat Umeldung an technesch Kontroll). Nei am Geschäft sinn Artikelen aus de Beräicher Quincaillerie an Dekoratioun. Des Weidere gëtt eng Auswiel vu Geschir, Maschinnen, Ueleg, AddBlue, Händschen, Sécherheetsschung, Pinselen, Rouleauen, Pinselen, Täschemessere fir Scouten, Gamellen a villes méi. An der Wanterzäit stinn och Salz, Schnéischëppen, Schlitt, asw. am Sortiment.

Weider Informatioune ginn et um Internetsite www.campingworld.lu oder ënnert der Telefonsnummer 26 80 08 33.

BEEFORTER WELT- A LANDESMEESCHTER UM PODIUM

An de vergaangene Méint stoungen eng Rei Beeforter mat enger Gold-, Sëlwer- oder Bronzemedail um Podium. Verschiddener vun hinne stounge souguer méi wéi eng Kéier drop bei den internationale Meeschterschaften hu si nieft Lëtzebuerg och Beefort vertrueden.

De Schäffen- a Gemengerot huet déi aussergewéinlech Leeschtunge félicitéiert an d'Sportler op "hire Podium" an der Gemeng agelueden. Et war keng Sportleréierung am klassesche Sënn well normalerweis organiséiert d'Sportskommissioun eng Sportleréierung. Allerdéngs gëtt et keng Sportskommissioun a mat der Feier "Um Podium" kruten déi verdéngschtvoll Sportler eng gebührend Unerkennung fir hir aussergewéinlech Leeschtungen.

Vum 7. bis den 12. August war zu Rozogi a Polen déi fënneft Weltmeeschterschaft am Indiaca. Indiaca ass an der aktueller Form nach eng relativ jonk Sportaart. Tania Thielen vu Beefort, lizenzéiert beim Indiacaveräin zu Bettenduerf, huet op der Weltmeeschterschaft an der Mixed-Ekipp gespillt an an der Finall hu si an dräi Sätz géint Däitschland verluer.

Zum Judo: D'Anetta a Klara Mosr si Landesmeeschter an hire jeeweilege Gewiichtskategorien an op europäeschem Niveau hu se déi lescht Saison aussergewéinlech Resultater erzielt. Déi gréissten Erfolleg war beim "European Cup Ploiesti" a Rumänien. Do huet d'Anetta déi éischt an d'Klara déi drëtt Plaz beluecht.

An der Finall vun den Eenzelmeeschterschaften "Herren Veteranen B" am Keelen huet de Mato Ivelj 95 Punkten gemeet, grad esou ewéi de Roger Engel. D'Reglement gesäit an dësem Fall vir, datt den eelste Spiller Virrang kritt an esou koum et, datt de Mato dem Roger Engel de Virtrëtt huet misse ginn an op déi drëtt Plaz komm ass.

Vum 10. bis de 16. Abrëll war d'Äishockeyweltmeeschterschaft vun der drëtter Divisioun zu Sofia a Bulgarien. Am 25 Mann staarke Kader spillen der zwielef beim IHCB: Michel Welter, Joel Holtzem, Cedric Farinon, Ben Houdremont, Mirko Mosr, Benny Welter, Bob Linster, Nicolas Mossong, Eric Wambach, Xavier Thill, François Schons a Kai Linster. Mam Robert an Thierry Beran stoungen zwee weider Beeforter um Äis, déi allerdéngs beim Tornado spillen. An der Finall hu se 10:4 géint Bulgarien gewonn.

Nodeems se jorelaang an der däitscher Rheinland-Pfalz-Liga gespillt hunn, huet den IHCB d'lescht Joer ee Wiessel vollzunn a spillt an der belscher Division 1. Hei waren eelef Ekippen ugemellt an direkt an der éischter Saison konnte si déi zweet Plaz hannert de "Cold Play Sharks" aus Mechelen beleeën. Nieft den zwielef Weltmeeschter gehéieren nach dës Spiller zu der éischter Ekipp: Piotr Swideret, Sven Cruchten, Claude Mossong, Kevin Strebel, Thierry Holtzem, Dennis Grönlund, Miro Mosr, Yvan Boumal, Brian Schleimer a Ricky Barciela da Guia. Festzehalen bleift och nach, datt de Beeforter Spielertrainer Benny Welter beschte Scorer an der Liga ginn ass.

223 JONK MEEDERCHER A BOUWEN OP DER MATT

D'Äispist stoung de Weekend vum 25. a 26. Juni ganz am Zeechen vum Judo. Beim "International Mullerthal Summer Cup" hu sech e Samschdeg ab 9.30 Auer 223 jonk Meedercher a Bouwen aus Lëtzebuerg, Däitschland, Holland, Belsch, Frankräich an Tschechien an de verschiddene Kategorien gemooss: U9, U11, U13, U15 an U18. Tëschen de Joren 2000 an 2010 sinn dës jonk Sport op d'Welt komm.

Et wor eng ganz speziell Atmosphär bei de Wettkämpf. Normalerweis gesäit een de Judosport an enger Sportshal mais hei wor et op Äispist. Obwuel se iwwerdaacht ass koum dat Gefill vun Open Air op an et huet ee sech praktesch ewéi dobausse gefillt.

Elteren, Traineren a Clubkomeroden hunn déi jonk Sportler ënnerstëtzt a gehofft, datt se zum Ofschloss vum Dag mat enger Medail den Heemwee géifen untrieden. Nit jiddereen ass e Samschdeg nom Turnéier Heem gefuer. E Sonndeg stoung da fir verschidde Leit nach ee Trainingscamp op der nämmlechter Plaz um Programm.

DRESSUR-MEESCHTERSCHAFTEN ZU BEEFORT

Vum 29. Abrëll bis den 1. Mee stoung de "Centre A-Grand-Prix" (Reitschoul) mat der "Coupe de Luxembourg" an dem "International Cup" ganz am Zeeche vun der Dressur. Während den dräi Deeg stounge fir 77 Reider an 128 Päerd insgesamt 13 Prüfungen um Programm.

D'Kristine Möller (CHN) mam Päerd "Ballon Bleu" gewënnt mat 178,259 Punkten d'"Coupe de Luxembourg" virum Anne-Sophie Federspiel (Bernkastel-Kues) mam "Aurea" (167,711 Punkten) an Anni Rossy (CIL) mam "Chili BangBang" (166,820 Punkten).

Fir déi fënnefte Kéier hannerenee gewënnt Terhi Stegars (CHB) den "International Cup" zu Beefort. Mam Päerd "Thai Pee" kënnt si op 176,107 Punkten op déi éischte Plaz virum Anni Rossy (CIL) mam "Jefferson" (166,991 Punkten) a Ruth Herzog-Lodde (D) mam "Albaisim" 166,154 Punkten.

De "Prix Commune de Beaufort" gouf et fir de Gewënner vun der Dressurprüfung M* M6 an an dësem Fall ass ët eng Gewënnerin an zwar Anna Casper (LPSV Donzdorf Alb/Fils). Mam Päerd "Collin Conner" huet si 680 Punkten erreecht. Déi zweet Plaz (673 Punkten) deele sech de Marco Ulrich (Club Hippique Beaufort) an den Oliver Luze (RV Mannheim).

Sprangturnéier ofgesot

Laut dem Internetsite vun der "Fédération luxembourgeoise des sports équestres" (www.flse.lu) koum den 11. September d'Meldung, datt de geplangte Sprangturnéier de 7. an 8. Oktober ofgesot ass.

Paul Kayser: „In der ersten Liga mitspielen“

Seit 1976 ist Paul Kayser im Beforter Reitsport-Club (CHB) tätig und organisiert seit 1987 als Präsident des „Club Hippique Beaufort“ und der „Société Hippique Casino 2000“ im „Centre Equestre International“ in Befort die „Coupe de Luxembourg“. 2005 kam noch der „International Cup“ hinzu.

Niemand besser als er weiß einzuschätzen, auf was es im Reitsport und im Speziellen im Dressurreitsport ankommt. Paul Kayser besaß die visionäre Idee und war gleichzeitig Ideengeber und Top-Organisator der hochkarätigen Reitsportturniere in Mondorf und Befort. Zusammen mit einem recht kleinen, dafür aber umso arbeitsfreudigeren Vorstand, sowie dank der Unterstützung zahlreicher, treuer Sponsoren und der Hilfe kommunaler Stellen, organisierte Paul Kayser über drei Jahrzehnte hinweg eine Großzahl an hochklassigen Wettbewerben bis hin zu zwei Dressur-Europameisterschaften.

Austragungsort der „Coupe de Luxembourg“, die als Indoor-Wettbewerb ausgetragen wird, ist das „Centre Equestre International“ in Befort. Dieses Zentrum wird administrativ geleitet von Tanja Kayser, der Tochter von Paul Kayser, die ihren Vater durch ihre Liebe zum Dressurreitsport erst richtig für den Reitsport begeisterte und die nicht weniger als neun Mal den Landespokal gewann.

Reit-, Pferde- und Turnierexperte Paul Kayser erläutert in der Folge was ihm zu gewissen Stichworten spontan einfällt. Dabei wird schnell ersichtlich, wie wichtig ihm eine kompetente Führung der in Befort beheimateten Gesellschaft „A bis Grand Prix“ und eine Weiterentwicklung der Pferde ist. Dabei taucht immer wieder der Name Terhi Stegars auf. Der Name der finnischen Geschäftsführerin und Chefausbilderin, die seit Oktober 2010 mit viel Fleiß, Kompetenz, Zielstrebigkeit, Flexibilität und Abgeklärtheit die Geschicke der Gesellschaft in Befort führt.

Und Paul Kayser gibt auch Aufschluss darüber, wie der Kontakt zur finnischen WM-Teilnehmerin entstand. Der am 19. April 2012 viel zu früh verstorbene frühere deutsche Nationaltrainer Holger Schmezer, spielte dabei eine ganz entscheidende Rolle. Den Kontakt stellte Paul Kayser her. Mit Schmezer verband ihn eine nahe Beziehung, kannten sich beide doch recht gut von den Dressurturnieren in Mondorf, wo Schmezer mit der deutschen Equipe ein gern gesehener und sehr erfolgreicher Gast war.

Aber auch die eigene Nachfolge liegt Paul Kayser sehr am Herzen. Es sei an der Zeit die Geschicke des Beforter Reitclubs und des Vorsitzes der Turnierorganisation in jüngere Hände zu übergeben. Der Nachfolger könnte sich auf jeden Fall auf ein gut eingespieltes Team verlassen, das ihm bei seiner Arbeit entsprechend hilfreich zur Seite stehen würde. Auch Paul Kayser würde mit seinem Rat zur Seite stehen. Noch scheinen aber seine mächtigen Schatten und große Fußstapfen potenzielle Kandidaten abzuschrecken.

Chronik

MÄERZ 2017

4. März

Aus dem Policebulletin: Gegen 16.30 Uhr kam es Samstagnachmittag zwischen Beaufort und Grundhof zu einem Verkehrsunfall. Ein Motorrad ist mit einem Auto zusammengestoßen. Hierbei wurde eine Person verletzt. An der Unfallstelle waren die Polizei und die Rettungsdienste aus Beaufort und Echternach.

5. März

D'Beeforter Pompjeeën, d'Elterevereenegung an d'Scouten hunn **d'Buergbrennen** organiséiert an esou de Wanter verdriwwen. Am Nomëtten hat et zwar zolidd gereent an esou huet et ee bësse méi laang gedauert bis d'Buerg schliisslech gebrannt huet.

8. März

Mat enger Gedenkminutt fir déi Verstuerwen huet d'**Generalversammlung vum Syndicat d'initiative et du tourisme Beaufort asbl (SITB)** ugefaangen. 2016 wor ee gutt Joer esou d'Presidentin Françoise Bonert. Et gouf vill geplangt, Demanden erageschéckt an och Devisen ugefrot. Déi éischt Resultater wäert een dëst Joer gesinn. De Camping ass gutt gelaf a wéinst der schlechter Virsaison konnt d'Schwämm manner gutt Resultater virweisen.

An de leschte zwielef Méint goufe siwe Komiteesitzungen aberuff an de Comité restreint huet sech 30 Mol getraff. Ronn 70 Leit hunn am Kader vun der Grousser Botz Dreck agesammelt an de 14. a 15. Abrëll wor d'Superspillmobil vun der Superdreckskëscht beim Kiosk, wou et interessant Spiller ronderëm d'Ëmwelt gouf. De 7. Mee stoung de Blummemaart um Agenda an eng Woch méi spéit ass d'Schwämm opgaangen. Allerdéngs huet et bis den 23. Juni gedauert bis d'Wieder endlech gutt war. Eng geféiert Fréijoerswanderung ass duerch de Bësch gaangen an d'Erklärungen dozou huet de Fierschter Marc Hoffmann ginn. Am Kader vun hirer „25 Jahre Musik Tour 2016" stoungen de 17. Juni "Brings" op der Äispist op der Bühn a fir dat Ganzt wor PaprikArt asbl zoustänneg. Déi Woch drop huet de Judoclub Beefort op der nämmlechter Plaz den „International Mullerthal Judo Summercup" organiséiert an de Weekend vum 16. a 17. Juli stoung d'Schlassfest um Programm.

Während dem Juli an August gouf um Camping Plage fir Animatioun gesuergt. Zesumme mam ORT goufen 13 Animatioune mat 324 Participanten organiséiert. Bei de 64 Animatioune vum SITB si 752 Kanner an Erwuessener gezielt ginn. D'Indianerfest am Tipiduerf (Concert mat der Country Band „The Roadrunners", Ponnyreiden a Kannerbastelateliers) ass zum Deel an d'Waasser gefall. Zesumme mam Äishockeyclub gouf e BBQ am Tipiduerf organiséiert an de 14. August wor déi sechst Editioun vum Summermaart, bei deem den Äishockeyclub, de Judoclub an d'Elterevereenegung matgehollef hunn.

Ënnert dem Motto "Discover the Castle of Beaufort" goufe vum 1. Juli bis de 26. August freidesmoies Visites guidées an holländescher Sprooch organiséiert. "Mullerthal Nature" vum 20. Juli bis de 24. August huet et erlaabt d'Géigend an enger Päerdskutsch kennenzeléieren an dat wor eng Zesummenaarbecht mam ORT (Office regional du tourisme) an ANF (Administration nature et forêts). Den 9. September gouf den Ofschloss vun der Saison vum SITB gefeiert.

D'Beeforter Pompjeeën, PaprikArt an de SITB hunn de 17. September op dat drëtt Oktoberfest op der Äispist invitéiert. Rockeg Téin huet een de 24. September op der nämmlechter Plaz am Kader vu "Rock am Duerf" héieren an dat vu "Rust & Dust", "Staubkind", "Luxuslärm" a "Purple Souls". PaprikArt wor fir dëse Concert zoustänneg.

Den 2. Oktober stoung de klenge Kiermesmaart beim Kiosk um Programm, deen zesumme mam Fuesclub an der Elterevereenegung organiséiert gouf. Bei der Virstellung vun dëser Manifestatioun gouf dem John Stirn Merci gesot. Hien ass zoustänneg fir d'Organisatioun vun de sämtleche Mäert vum SITB. Déi geféiert Hierschtwanderung mam Marc Thiel vun der biologescher Statioun aus dem Naturpark Mëllerdall stoung ënnert dem Thema „Bongerten".

Den 29. Oktober ass d'Äispist opgaangen a bei dëser Geleeënheet koum den traditionelle Kalenner eraus. Zesumme mat der Asbl Konterbont konnten de 5. Januar dëst Joer 120 Flüchtlingen op der Äispist hir Suerge fir ee kuerze Moment vergiessen. Bei wierklech äiskalen Temperaturen hunn den 21. Januar iwwer 100 Leit d'Ice-Skating-Show vu Metz bewonnert. Weider Aktivitéiten op der Äispist woren den Ice-Karting, d'Schlittschungcoursen an d'Traininger an d'Mätscher vum Äishockeyclub.

Eng Rei Investissementer goufen am leschte Joer gemeet. Dozou zielen op der Äispist d'Konkretiséiere vum Avant-projet vum Réaménagement vun de Vestiairen, der Buvette an der Keess, nei Schlittschong, nei Rideauen an d'Plexiglas mat Bänken fir den Äishockeyclub, dat allerdéngs vun der Gemeng finanzéiert gouf. Et hofft een, datt fir de 50. Jubiläum vun der Äispist d'nächst Joer sie sech nei presentéiere kann.

An der Schwämm gouf eng Heizung an den technesche Raim ageriicht, neit Sécherheetsmaterial kaaft, den Daach an d'Fënstere vun der Buvette reparéiert an den Toboggan krut eng Generalrevisioun.

Um Camping sinn nei Dreckscontaineren installéiert ginn an zu de weidere Investissementer gehéieren de Kaf vun neie Pique-nique-Bänken an -Dëscher an och d'Beem um Parking bei der Schwämm goufe geschnidden.

A punkto Marketing wor ee mat engem Stand op der Foire Top Kids (5. a 6. November) vertrueden, Dépliants erausbruecht an eng Rei Annonce geschalt an och nei Roll-up a Calicot goufe kaaft.

Elo komme mer zu de Statistiken an a Klammere stinn all Kéiers d'Zuele vun 2015. Um Camping goufe 5.089 Leit (4.963) gezielt. De "Rent a Bike" ass mat 159 (190) manner gutt gelaf. Déi schlecht Virsaison an der Schwämm gesäit een och bei den Entréeën: 16.892 (19.053). Am Büro si 5.225 (5.094) Visiteure komm an d'Äispist kann ee Plus verzeechnen: 17.043 (16.706) bei de Leit a Kanner an 8.181 (7.031) bei Gruppen.

De Keesier Camille Hoffmann huet de Bilan virgestallt. Ouni elo an d'Detailer ze goen sinn hei déi verschidde Resultater: Piscine: – 4.170,55 Euro, Äispist: -2.221,63 Euro, Camping: 210.897,48 Euro, Administration générale: – 6.525,12 Euro. Total: ee Plus vun 197.980,18

Euro (59.898,76). Am Numm vun de Keeserevisoren huet de Jemp Winandy d'Zuele bestätegt an d'Versammlung huet Entlaaschtung ginn.

Bei der Wiel vum Comité goufen déi austriedend a wielbar Memberen zeréckgewielt: Nancy Dupont-Courtois, Alphons Haaker a Camille Hofmann. De Comité setzt sech aus folgende Leit zesummen: Françoise Bonert (Präsidentin a Sekretärin), David Albert (Vizepräsident), Camille Hoffmann (Keessier), René Champagne, Nancy Dupont-Courtois, Alphons Haaker, Jacqueline Kuijpens-Fisch, Jean-Paul Post, Jos Scholtes, Emile Wies (Memberen) a John Stirn (Vertrieder vun der Gemeng).

Uganks der Versammlung gouf schonns gesot, datt vill geplangt gouf an d'Investissementer vun dësem Joer un realiséiert ginn. Hei ee klengen Iwwerbléck:

Administratioun: Vergréisserung vum Büro (Kooperatioun mam Projet Tourist Info 2.0), Informatik, Tëléfon, WiFi. Camping: nei Klassifizéierung, nei Barrière, Renovatioun an Neibau vum sanitäre Block, nei Material, Beem schneiden, Neiuplanzungen. Äispist: Vestiairen, Buvette a Keess. Schwämm: nei Clôture, Entkalkungsanlag. Marketing: neien Internetsite mat enger neier Adresse, neien Depliant mat allgemengen Informatiounen iwwert d'Beeforter Gemeng, neien Depliant „Wandern in Beaufort", nei Gadgete.

Am Laf vun der Generalversammlung goufe folgend Leit geéiert: Antoinette Freilinger fir hir Aarbecht beim Blummemaart a Planzaktiounen, de Jos Scholtes an Emile Wies fir 25 Joer beim SITB, de Manuel Teixeira deen no iwwer 30 Joer beim SITB an d'Pensioun gaangen ass an zum Schluss de Jemp Winandy fir seng 35 Joer Keesserevisor beim SITB.

Zum Schluss goufen nach d'Präisser vum Concours "Villages fleuris 2016" iwwerreecht.

17. Mäerz

Première vum Theaterstéck "Männer am Hierscht", dat vum Bernd Kietzke geschriwwen a vum Romain Pierrot op Lëtzebuergesch iwwersat gouf. An dem Stéck an dräi Akten geet et ëm zwee ënnerschiddlech Männer am beschten Alter, déi vun hire Frae verlooss goufen an an enger Wunngemeinschaft bei enger typescher Famill, wou d'Fra d'Box unhuet, liewen. Dobäi ass et méi wéi eng Kéier zu méi komplizéierten a lëschtege Situatioune komm eréi sech déi verschidden Acteuren (verloosse Männer, zukënfteg Ex-Fraen, Scheedungsaffekotin, der Gaaschtfamill an dem jonke Bréifdréier) an de verschidde Konstellatioune getraff hunn. Ënnert der Regie vum Eric Feront hu gespillt: Patrick Goetzinger, Dario Ballanti, Claudine Gremling, Jean-Luc Nosbusch, Jennifer Kiessling, Patricia Scholtes, Nancy Dupont, Gaby Bouhlel a Ben Wagener. An der Flüsterkëscht souz d'Margot Flammang, fir d'Bühn an den Décor wor d'Sonja Goetzinger zoustänneg an de Salon Vicky huet d'Akteure geschminkt.

21. Mäerz

An der Maison Theis war d'**Generalversammlung vun de Beeforter Schlassfrënn, déi vun der Presidentin Chris**tiane Steinmetzer opgemeet gouf. Am Laf vum Joer sinn et am Verwaltungsrot zu verschidde Veränerunge komm an ënner anerem huet si d'Spëtzt vun der Vereenegung vum Patrick Sanavia iwwerholl.

Am Joer 2016 goufen 33.480 Visiteure gezielt. Dat ass ee Plus vu 5,64 Prozent am Verglach mat 2015 an am Groussen a Ganze sinn an de leschte Joren ëmmer méi Leit d'Beeforter Schlässer besiche komm: 26.350 (2013), 27.990 (2014) an 29.570 (2015). Des Weidere goufen dräi Filmer gedréint, d'Confrérie Héphaistos vun de Schmatten huet fir hiren 20. Jubiläum een internationaalt Treffen organiséiert, eng Pressekonferenz mam Staatssekretär fir d'Kultur Guy Arendt gouf ofgehalen, eng Rei auslännesch Journaliste kruten d'Schlässer gewisen an erkläert, am Juli wor dat traditionellt Schlassfest an Enn August sinn d'Dresdner Salondamen erëm opgetrueden.

Bei der Vermaartung huet een op d'Servicer vu GR-ink zréckgegraff. Hei huet Lynn Weydert ee Gesamtkonzept virgestallt an esou dem Schlass eng nei Identitéit ginn ewéi zum Beispill nei Broschüren, Deplianten, Bréifpabeier, Roll Ups, ee Sigel an och een neien Internetoptrëtt, dee geschwënn online wäert sinn.

De Sekretär Georges Rischette huet d'Aktivitéiten nach eng Kéier méi genau virgestallt an ënnerstrach, datt ee mam neie Gesamtkonzept um richtege Wee läit. An der Tëschenzäit goufen iwwer 2.000 Fotoe vum Schlass gemeet an dovunner sinn immens vill Detailfotoen, déi iwwert d'sozial Medien ewéi Facebook, Twitter an Instagram verbreet ginn. Nieft de Fotoe gouf ee Film produzéiert, deen op de Kanäl vun Youtube a Vimeo ze gesinn ass. De Schwéierpunkt läit um Online (Internet) a manner am Print (zum Beispill Zeitungen). Sou huet een zum Beispill op Facebook 2.330 Likes, op Instagram 740 Followers an op Twitter 135 Followers.

Op jidde Fall wier ee méi professionell ginn a besser opgestallt a mat der neier Identitéit „Beaufort Castles" gëtt nach méi ee breede Publikum ugeschwat. Dëst gouf duerch déi ganz gutt Zesummenaarbecht mam Lynn Weydert erméiglecht.

Eng weider Aktivitéit ass d'Filmindustrie, déi mëttlerweil Beefort entdeckt huet. D'Filmer ginn allerdéngs dobausse ronderëm d'Schlass gedréit an nit bannen am Renaissance-Schlass. Mat engem verstännege Präis pro Dag (1.000 Euro) ass dëse Site eng flott Alternativ a suergt fir eng weider Einnahmequell.

Des Weidere gouf et nach mat der Hochzäit Miller-Vosacek eng Première um Schlass. Deemno wéi kéint een hei an Zukunft ee weidert Standbeen opbauen.
D'Joer 2016 gouf mat engem Bénéfice vun 152.777,42 Euro ofgeschloss, sou de Caissier René Champagne an de Keesebericht gouf vun der Versammlung op Virschlag vun de Keesserevisore guttgeheescht.

D'Ouverture vun der neier Saison gëtt de 7. an den 8. Abrëll ënnert dem Motto „MagiCastle Nights" gefeiert. Bei fräiem Entrée, Live-Musek, Videomapping op de Mauere vum Schlass an engem „Food-Truck Village" wäert fir Grouss a Kleng fir Animatioun gesuergt ginn. Een Hotspot (gratis WiFi) wäert installéiert ginn a sou wäert et méiglech sinn, datt nit nëmmen Touristen hir Fotoe vum Beeforter Schlass op den jeeweilege sozialen Netzwierker kënnen drop setzen. „Rock Classics @ Beaufort Castle" ginn och dëst Joer keng ofgehale mais et kuckt een awer fir 2018 eppes an där Richtung organiséiert ze kréien.

Duerno wor et den Tour um Jean-Jacques List vum Service des Sites et Monuments nationaux fir ee klenge Bilan ze zéien a verschidden Aarbechte virzestellen. Den Zoustand vun der Heizung ass zimlech schlecht an déi wäert nach virum Wanter 2017 ersat ginn an och den Daach vum Renaissance-Schlass steet op der Lëscht vun de Prioritéite fir dëst Joer. Den Daach vun de Ställ ass ebenfalls an engem schlechten Zoustand an hei gëllt et fir d'éischt de Zoustand ze stabiliséieren (am Joer 2018).

Baufuerscher hunn d'Baugeschicht vum Schlass ënnersicht an hei goufen interessant Gemeinsamkeete mam Schlass Mansfeld festgestallt. Déi genau a weider Resultater ginn zu engem spéideren Zäitpunkt ëffentlech virgestallt.

An d'Aarbechte vun der Héihscheier sinn 2018 an 2019 Investitiounen an Héicht vun 2,4 Milliounen Euro virgesinn an et ass virgesinn, datt dësen Deel 2020 ka benotzt ginn. Weider Theme woren den Damm vum Weier, dee reparatiounsbedürfteg ass, a grad esou d'Toiletten, déi zwar geplangt sinn awer nach keen definitive Standpunkt hunn.

Zum Schluss bleift nach drop hinzeweisen, datt mam Christian Simon een neie Landschaftsgärtner agestallt gouf.

Nom Merci un de Comité ass de Buergermeeschter Camille Hoffmann op d'Situatioun vum Damm an den Toiletten agaangen. Ee weidere Punkte wor eng nei Beliichtung vum Schlass, déi mat den neie Technologien méi einfach ze realiséiere wier. Zudeem ass hien op verschidden Aussoe vum Schlassfest agaangen. Bei dësem Punkt ass sech de Comité vun de Beeforter Schlassfrënn eens, datt si weiderhin fest hannert dëser Manifestatioun sinn wann d'Héihscheier am Joer 2020 fäerdeg ass, da kéint een iwwert de Standuert vun den Zelter nodenken.

De Comité vun de Beeforter Schlassfrënn setzt sech zesummen aus Christiane Steinmetzer (Presidentin), Guy Hanff (Vizepresident), Romain Thielen (Vizepresident a Vertrieder vun der Gemeng), Georges Rischette (Sekretär) a René Champagne (Caissier a Vertrieder vum Syndicat d'initiative et du tourisme), Lily Scholtes (Vertriederin vun der Gemeng) an nach dräi Delegéiert vum Staat an zwar Danièle Kohn-Stoffels, Magali Tasch a Patrick Sanavia.

ABRËLL 2017

1. Abrëll

Grouss Botz. Sou wéi d'lescht Joer hu sech erëm vill Kanner a Jugendlecher un der Aktioun bedeelegt, déi vum Syndicat d'initiative et du tourisme an Zesummenaarbecht mat de Veräiner organiséiert. No der Botzaktioun gouf dann zesummen eng Stäerkung ageholl.

7./8. Abrëll

Offiziell ass d'Touristesaison vun de Beeforter Schlässer den 1. Abrëll opgaangen an de Weekend drop gouf mat de **"MagiCastle Nights"** dës Ouverture gefeiert. Eng 3.000 Leit hunn déi eemoleg Videoprojektioun vum "Melting Pol" (Paul Schumacher) a Sandy Flinto bewonnert während "Sun Glitters" (Victor Ferreira), "All Reitz Reserved" (Christophe Reitz) a "Man'ok" (Emmanuel Fleitz) zesumme mam Pierrick Grobéty fir d'Musek gesuergt hunn.

Den Aftermovie

8. Abrëll

De Weekend virun Ouschteren hunn d'**Beeforter Scouten** hir selwer dekoréierten Ouschtereeër am ganzen Duerf verkaf, andeems se mat hire Weenercher vun Dir zu Dir gaang sinn. Nächst Joer sinn d'Scouten den 23. & de 24. März 2018 ënnerwee.

9. Abrëll

De Premier Xavier Bettel huet mat sengem Mann Gauthier Destenay een Tour an de Mëllerdall gemeet an ass och Beefort besiche komm.



23. Abrëll

Aus dem Policebulletin: In der Nähe von Bigelbach waren gegen 21 Uhr mehrere hundert Quadratmeter Waldboden und Unterholz in Flammen aufgegangen. Die Feuerwehren aus Reisdorf und Befort brauchten zwei Stunden, um den Brand zu löschen. Zur Brandursache ist nichts bekannt. Die Polizei aus Echternach ermittelt.

30. Abrëll

D'**Beeforter Senioren** hunn ee Spaghettisfest organiséiert.

30. Abrëll
24 Kanner hunn d'**Eischt Kommunioun** gefeiert. Eng Fotosgalerie vum Didier Loos.

MEE 2017

1. Mee

D'Pompjeeën an d'Jugendpompjeeën hunn den traditionelle **Meekranz** gebonnen an och de zukënftege Pompjeesbau krut ee Meekranz opgehaangen.

4. Mee

Aus dem Policebulletin: Le 4 mai 2017 la Police Grand-Ducale a procédé entre 21h00 et 23h45 heures, à Beaufort, Grundhof et Echternach à des contrôles d'imprégnation alcoolique sur réquisition du Procureur d'Etat, tel que prévu par l'article 12, paragraphe 3, alinéa 8, de la loi modifiée du 14 février 1955, concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques. En tout, 276 automobilistes ont été soumis à l'examen sommaire de l'haleine. Dans 6 cas, l'examen s'est révélé positif, 0 permis ont été retirés.

6. Mee

Um „Kréiwenkel“ am Bësch wor eng **Holzstee mat Lietsch**. Op déi Plaz kënnt een ze Fouss vun der Picknicksplaz Kippiglay, déi tësche Beefort an dem Grondhaff läit. Vis-à-vis dovunner geet et an de Bësch eran a weider hält ee sech de lénke Bëschwee. Eng 15 bis 20 Leit wore moies um 10 Auer um Rendezvous eréi de Fierschter Marc Hoffmann mat der Holzstee ugefaangen huet. D’Holz staamt aus der Bewirtschaftung vum Gemengebësch an eemol am Joer, sou am Abrëll/Mee, gëtt eng Stee organiséiert. Dëst Joer si 64 Ster Bichenholz a 6 Ster Eechenholz ënnert den Hummer komm. Op de Steepräis kommen nach 8 Prozent TVA dobäi an am Ganze sinn esou 3.581,28 Euro (3.316 Euro ouni TVA) erakomm. Ofgeschloss gouf d’Holzstee mat enger Lietsch, d.h. eng kleng Stäerkung mat engem Patt.

6. Mee

De Syndicat d'initiative et du tourisme huet um Kiosk säin **traditionelle Blummemaart** organiséiert. Des Weideren ass den neien Internetsite mat enger neier Adress online gaangen: www.visitbeaufort.lu

26. Mee

Am Theis Haus hunn d'**Beeforter Theaterfrënn** hir **Generalversammlung** ofgehal. D'Presidentin Léonie Switala-Theis huet am Ufank vun der Versammlung der ganzer Theaterequipe, dem Regisseur Eric Feront, der Flüsterin Margot Flammang, de Sponsoren an der Gemeng Merci gesot fir hir Ënnerstëtzung an zum gudde Geléngen vun den dësjähregen Theateropféierungen. Éier de Patrick Goetzinger op d'Aktivitéite vum Joer agaangen ass, gouf mat enger Gedenkminutt un eng vun de Saile vum Veräin erënnert, de Serge Cruchten, dee puer Deeg virum BRB (Blues 'n Rock Beaufort) verscheet ass.

42 Prouwen woren néideg fir d'Koméidistéck "Männer am Hierscht" virdroen ze kënnen a bei de véier Opféierunge sinn am Ganze 496 Leit kucke komm. De Comité huet sech sechs Mol getraff a wor op de verschidde Manifestatiounen am Duerf vertrueden. Mat grousser Zefriddenheet konnt een nei Akteuren (alles Beeforter) an d'Ekipp integréieren a si all hunn hir Première erfollegräich bestanen. Fir d'Finanzen nit ze belaaschte gouf décidéiert dëst Joer keen Ausfluch ze organiséieren.

Eng nei Ekipp huet sech beim BRB (Blues `n Rock Beaufort) fir d'Organisatioun opgestallt. De Programm an den Datum sti fest: Den 12. August an et trieden op "The Backscratchers", "Dizzy Picture", "Fred Barreto Group" an "The Carps".

Bedéngt duerch déi aussergewéinlech Situatioun virum BRB gouf et eng negativ Bilanz mais d'Theateropféierungen hunn zum Schluss vun der Saison fir ee positiivt Resultat gesuergt, esou d'Claudine Gremling, d'Caissière vun den Theaterfrënn. Op Virschlag vun

de Keesserevisoren Gaby Bouhlel a Rieneke Cruchten huet d'Versammlung Entlaaschtung ginn.

Bei der fräier Aussprooch woren ë.a. d'Beliichtung vun der Bühn an d'20-Joerfeier am nächsten Joer een Thema. De Buergermeeschter Camille Hoffmann huet d'Aktivitéite vum Veräin gelueft an d'Theateropféierungen zielen an der Tëschenzäit zu enger fester Institutioun hei am Duerf. Ofgeschloss gouf d'Generalversammlung mat engem Pättchen an enger klenger Stäerkung.

Den neie Comité setzt sech zesummen aus Léonie Switala-Theis (Presidentin), Manuela Kirscht (Sekretärin), Claudine Gremling (Caissière), Dario Ballanti a Patrick Goetzinger.

26. Mee

Aus dem Policebulletin: Auf der Strecke CR 128 von Beaufort nach Reisdorf kam, nach eigenen Angaben, einem Traktorfahrer in einer langezogenen Kurve ein schwarzer Kleinwagen der Marke Peugeot mit hoher Geschwindigkeit und teils auf dessen Fahrspur entgegen. Der Traktorfahrer musste nach rechts ausweichen um einen Zusammenstoss zu vermeiden. Hierbei geriet der Traktor jedoch in den Seitengraben und rutschte ein kleines Gefälle hinunter wo sich das Fahrzeug in einer angrenzenden Wiese überschlug. Fahrer und Beifahrer des Traktors wurden verletzt und wurden zur Behandlung ins Krankenhaus verbracht. Polizei Diekirch ermittelt und erstellt Unfallprotokoll.

29. Mee

D'Lëtzebuerger Guiden a Scouten (LGS) hu sech zu Beefort getraff, déi vun der Gruppenekipp zesumme mam lokale Grupp Frère Roger vu Beefort organiséiert gouf. Esou een Evenement fënnt zweemol d'Joer uechtert d'Land bei de lokale Gruppen statt, eng am Hierscht an eng am Fréijoer a gëtt „Renconter fir Chef a Gruppechef" genannt.

D'LGS sinn opgedeelt a verschidden national Ekippen, déi sech em verschidden Beräicher këmmeren. D'Gruppenekipp ass déijéineg déi fir déi lokal Gruppen zoustänneg ass an d'Formatioun gëtt fir déi Leit, déi lokal Verantwortung iwwerhuelen, sprëch Gruppechef wëlle ginn. All Ekipp huet u senger Spëtz ee Commissaire an en Adjoint; d'LGS hunn un hirer Spëtz ee Commissaire général an ee Commissaire général adjoint. D'Exekutiv vun de LGS gëtt Comité genannt, wou all d'Commissaire dran vereent sinn, an deen presidéiert gëtt duerch den Commissaire général oder sengem adjoint.

D'Thema vun der Renconter vun Beefort wor "Ze jonk, ze al oder "à point": d'Altersstruktur bei den LGS". Wat rechtfäerdegt d'Alterslimiten bei de LGS? Sinn déi nei Chef ze jonk? Sinn déi aal Chef zeideg fir an d'Pensioun? Am Kader vum RAP (Renewed Approach to Program) sinn eng Rei Froen un d'Gruppenekipp erugedroen ginn, déi mat de Chef a Gruppechef an diversen Ateliere ënnert deene verschiddene Gesichtspunkte beliicht goufen.

Präsent waren: d'Commissaire générale Michèle Meyer, de Commissaire général adjoint Fränz Duhr an d'Gruppenekipp vun de LGS: Yves Marchi (Commissaire fir Gruppen), Anouk Galassi (Adjointe), Anne Muller, Claude Muller, Jean Thibo, Claude Pirsch, Marc Molitor, Romain Kremer. Des Weidere hu sech bedeelegt den Aumônier général vun de LGS Romain Kremer, de Formatiounscommissaire David Heck, d'Commissaire fir d'Branche Ranger-Rover (17 bis 21 Joër) Anne Blau a ronn 30 Gruppechef a Chef aus dem ganzen Land.
An deene vergaangenen zwee Joer gouf et véier Renconter: 2015 (Hierscht): Schëffleng – Thema "Flüchtlingskris", 2016 (Fréijoer): Neihaischen – Thema "Go Urban 2017" (groussen internationale Scoutscamp um Kierchbierg; 2016 (Hierscht): Biekerech – Thema "PR bei den LGS; Ëmgang mat der Presse" an elo zu Beefort.

No de verschidden Ateliere gouf d'Conclusiounen am Kummelsbau virgedroen an nodeems de Buergermeeschter Camille Hoffmann e puer Wuert un d'LGS geriicht huet ass dee vun der Gemeng offréierten Éierewäin zerwéiert ginn.

29. Mee

Vum 29. Mee bis de 2. Juni war d'**Classe de Mer op Middelkerke an der Belsch**. 2017 hunn deelgeholl d'Klasse vum Lynn Heischbourg (Alves Almeida Rocha Nuno Tomas, Barbosa Mendes Soraia, Da Silva Teixeira Soraya, Dufrasne François-Jean, Etemadi Hamed, Fernandes Angelico Loana, Ferreira Pereira Ruben Dinis, Kadhim Mohammed Hayder, Lopes Da Silva Ines, Martins Da Costa Matilde, Martins Pereira Guilherme, Ribeiro Lopes Ana Rita, Rischette Samira, Singh Stefan), Simone Wagener (Barciela Da Guia Alina, Bosseler Loic, Ferreira Machado Patricia, Fohl Lena, Mass Erin, Morbach Anabelle, Neves Marques Amandine, Pereira Teixeira Jeremy, Pinho Silva Sara, Scholtes Pol, Stirn Jodie, Vicente Da Silva Diana, Yakou Abd Allah, Zambujal Bento Tomas) a Ricky Walisch (Albert Yannis, Da Guia Bessa Nelson, Diederich Léa, Dulovic Damjan, Espen Sara, Farinon Enya, Ferreira Machado Joana, Lofti Motaz, Nikels Sarah, Oliveira Gomes Beatriz, Pereira Teixeira Chiara, Skrijeij Sandin, Sprinceana Coelho Rafael, Teixeira Moura Lara). Begleed goufe si vum Josiane Biwer a Carlo Simon.

Hei ass een Erliefnesbericht mat Fotoen, dee mer vun hinnen eragescheckt kruuten:

„Am Montag sind wir in Befort mit dem Bus abgefahren. Leider konnten wir uns keinen Film ansehen, da der DVD – Player kaputt war. Nachmittags sind wir endlich in Middelkerke angekommen. Wir haben die Zimmer eingeteilt und unsere Sachen ausgepackt. Die Sonne strahlte und wir gingen sofort zum Strand. Wir spielten im Meer und bauten Sandburgen. Nach dem Abendessen spielten wir noch auf dem Spielplatz im Park. Erst spät abends gingen wir schlafen.

Am Dienstag machten wir noch vor dem Frühstück Frühsport. Danach gingen wir ans Meer und haben den Fischern zugeschaut. Wir lernten viele interessante Dinge über die Tiere im Meer. Später wurden die frisch gefischten Garnelen gekocht und wir durften sie auch essen. Die schmeckten sehr lecker. Gegen Abend haben wir Sandbilder mit Kreide und Kleber gemacht. Nach dem Abendessen haben wir unseren Eltern eine Postkarte geschrieben.

Am Mittwoch waren wir im Plopsaland. Im Park gab es viele Spiele. Wir gingen auf Achterbahnen, Karusselle und viele Spielplätze. Wir konnten „Biene Maja“ beim Tanzen zusehen. Wir hatten viel Spaß.

Am Donnerstag sind wir mit Go-Karts gefahren. Am Nachmittag gingen wir ein letztes Mal zum Strand. Wir sammelten Muscheln und machten eine Schatzsuche. Der Pirat „Benito“ brachte uns alle zum Lachen. Nach dem Abendessen mußten wir unsere Koffer packen. Zum Abschluß feierten wir eine Pyjama-Party wo wir uns auch verkleiden durften. Am Freitag sind wir gleich nach dem Frühstück losgefahren und waren gegen 17.00 Uhr wieder in Befort.“

JUNI 2017

3. Juni

Eng 2000 Wanderer aus dem In- an Ausland hu sech bei der **32. Ausgab vun den internationale Päischtwanderdeeg zu Beefort** bedeelegt, déi vun de Wanderfrënn Beefort organiséiert gëtt. D'Wanderer konnten op de Strecke vu sechs, zwielef an 22 Kilometer d'Schéinheeten aus der Géigend genéissen.

4. Juni

Déi véiert a lescht Etapp vum **"Tour de Luxembourg"** ass duerch Beefort gaangen. Den Départ war zu Miersch an no 57,3 Kilometer gouf et zu Beefort déi éischt Biergwäertung. D'Vëlosfuerer koume vun Haler a si weider Richtung Reisduerf gefuer. D'Etapp gouf vum Schlussgewënner Greg van Avermaet gewonn.

6. Juni

Zanter dëser Woch ass d'**regional Sozialamt** vun de Gemenge Beefort Bech, Bäertref, Konsdref a Reisduerf op enger neier Adresse an zwar op Nummer 6, rue de l'Auberge zu L-6315 Beefort. Dat ass d'Gebai vun der aler Jugendherberge. Et gëllt och eng nei Telefonsnummer fir ee Rendezvous ze fixéieren: 26 87 60 54 – 1.

Am Noutfall an ausserhalb vun de Büroszäite soll een d'Helpline vum Roude Kräiz 2755 uruffen.

Weider Informatiounen ginn et um Site vum regionale Sozialamt www.officesocial-beaufort.lu

10. Juni

Mat enger Dräivéirelsstonn Verspéidung ass am spéide Moien ee **Pilgerbild vun der Muttergottes vu Fatima** zu Beefort ukomm an dat well déi polnesch Communautéit sech nit un den offiziellen Programm gehalen huet. Dëst Joer sinn et 100 Joer hir, datt d'Muttergottes zu Fatima bei den dräi Hiertekanner erschéngen ass.

D'Statue koum den 22. Mee mam Fliger op Lëtzebuerg. Si ass déi 13. an och déi jéngste Replik vun der Originalstatue. Ageweit gouf se 4. März 2015 an déi aner zwielef Replike sinn uechter d'Welt ënnerwee.

Den éischten Héichpunkt vun dëser Statue wor op Christi Himmelfaart bei der 50. Fatima-Prëssessioun zu Wooltz. D'Iddi vun engem Fatima-Hellegtum koum um Joresdag vun der Marienerscheinung am Joer 1942. Während der Ardennenoffensiv, den 13. Januar 1945, hunn zéng Erwuessener ee Gelübde ënnerschriwwen

an déi Woch drop, den 20. Januar 1945, hu se dat Gelübde an der zerstéiert Kiirch erneiert (“ ...wir nehmen alle teil an der Verwirklichung unseres Kriegsgelübdes, dem öffentlichen Kreuzweg mit der Kapelle, welche dem Herzen Jesu und der Muttergottes geweiht wird.”). Den 11. September 1946 koum déi original Statue op Wooltz (op Bässent) an op der zukënfteger Plaz gouf dann och déi éischt Mass zelebréiert. Den 8. Februar 1951 gouf een Aktiounskomitee gegrënnt an 1958 de Kräizwee ageweit. 1968 koume fir d’éischte Kéier portugisesch Matbierger zur Feier bäi.

Zréck op Beefort. No der Prëssessioun zu Wooltz mécht d’Statue een Tour duerch Lëtzebuerg an haut stounge Beefort, Giischterklaus an Eechternoach um Programm. Si bleift nach bis de 25. Juni hei am Land. De Moie gouf eng Mass vum Dechen Francis Erasmy an de Paschtéier Carlo Morbach, Luc Schreiner an dem Kaploun Ricardo Monteiro an der Kierch zu Beefort konzelebréiert a fir de musikalesche Kader hunn d’Chorale vu Beefort a Waldbëlleg-Haler gesuergt.

Mat portugiseschen a lëtzebuerger Spezialitéiten a mat engem vun der Gemeng offréierten Éierewäin gouf dës kierchlech Feier am Kummelsbau ofgeschloss.

16. Juni

De **Beeforter Äishockeyclub** am Kummelsbau am Kader vun enger Generalversammlung de Bilan vun der Saison gezunn. Et wor eng vun de beschte Saisonen an der Geschicht vum IHCB esou de President Carlo Welter.

Op déi supergutt Resultater ass de Benny Welter agaangen. Während der Saison huet een nëmme fënnef Mätscher verluer an esou huet een déi zweet Plaz an der Division 1 vun der belscher Liga beluecht. Jorelaang hat een an der däitscher Rheinland-Pfalz-Liga géint déi nämlecht Géigner am Prinzip op mannst véier Mol géintenee gespillt an et goufen och dacks Mätscher verluecht oder ofgesot. Nei Géigner (zéng am Ganzen) mat all Kéiers Heem- an Auswäertsmätscher hunn een neie Rhythmus an de Spillbetrieb erabruecht. Et wor eng nei Herausfuederung a grad esou och déi 300 Kilometer fir op een Auswäertsmätsch ze fueren.
Nieft der éischter Ekipp ass een amgaangen eng zweet Seniorsekipp opzebauen an hir Aktivitéit wore Frëndschaftsmätscher an d'Participatioun op verschidden Turnéier. D'Zuel vun de Jugendspiller ass vu 35 op 50 eropgaangen a si sinn opgedeelt an zwou Alterskategorien: manner ewéi zéng Joer a vun zéng bis 16 Joer. Mat ëmmer méi Spillpraxis sinn hir Resultater op den Turnéier oder Frëndschaftsmätscher ëmmer besser ginn.

Den absoluten Highlight wor d'Weltmeeschterschaft a Bulgarien wou d'Lëtzebuerger Nationalekipp an der drëtter Divisioun fir d'éischte Kéier Weltmeeschter ginn ass. Mat zwielef vun insgesamt 25 Spiller huet den IHCB de gréissten Deel vun der Weltmeeschterekipp zesummegestallt.

Den Training vun der Jugend fänkt am Juli. Benotzt gëtt een Drëttel vun der Äispiste a wann demnächst den Terrain Multisports nieft der Äispiste fäerdeg gëtt entstinn hei nei Trainingsméiglechkeeten. D'Senioren fänken am Ufank August mam Training un. Déi zweet Ekipp wäert weiderhin Frëndschaftsmätscher an op Turnéier spillen a grad esou och d'Juniors- an d'Kannerekipp. Zudeem ass geplangt fir méi Jugendlecher an déi éischt Ekipp ze integréieren. Wann d'Äis bis fäerdeg ass kann ee méindes méi laang trainéieren: Vun 18 Auer un steet d'Äispist dem Veräin zur Verfügung (bis elo wor et ab 19 Auer).

De Vizepräsident Jean-Marie Funk ass op déi weider Aktivitéite vum Club agaangen an hien huet een Opruff gemeet, fir sech u ganz ville Manifestatiounen ze bedeelegen. Sou huet een op zwee Concerte gehollef, fir de Syndicat d'initiative gegrillt, sech um Summerfest bedeelegt an een Owend am Flying organiséiert. D'Owender am Flying sollen ee bis zweemol widderholl ginn an een Datum soll ee sech elo schonns virmierken an zwar de 17. Mee 2018: Da kommen d'Déckkäpp op Beefort.

Éier den Eric Wambach den detailléierte Keesebericht virgestallt huet, huet de Sekretär Michel Welter eng Rei Erklärunge ginn. Sou wäert zum Beispill d'Cotisatioun fir d'Kanner bei 80 Euro mat gratis Entrée fir op d'Äispist bleiwen an och 120 Euro fir d'Senioren, ouni gratis Entrée fir op d'Äispiste. Wéinst de gestiegenen Ausgaben am belsche Championat konnt een duerch dës Moossnam eng Erhéiung vun der Cotisatioun vermeiden. Op jidder Fall krut den IHCB vun der belscher Äishockeyfederatioun ee ganz flotte Feedback no der éischter Saison. Mam Syndicat d'initiative hat ee mat engem Kannergebuertsdag eng gemeinsam Aktivitéit an zum Schluss gouf een Opruff fir all méiglech Iddi vu Sponsoring gemeet.

Wéi schonns gesot ass d'Bedeelegung am belsche Championat mat weidere Käschte verbonnen. Sou zum Beispill huet alleng de Bus fir op d'Auswärtsmätscher iwwer 6.300 Euro kascht an och fir een Heemmätsch muss een der belscher Federatioun 75 Euro bezuelen. De Bilan weist ënnert dem Strich ee liichten Defizit op

an op Virschlag vun de Keeserevisore Corny Funk a Fränk Weiwers gouf Entlaaschtung ginn.

Fir d'Saison 2017/2018 gesäit den IHCB vir eng Jugendkommissioun op d'Been ze stellen, eng Responsabele fir d'Communicatioun an d'Presse ze designéieren an och ee Supporterclub an d'Liewen ze ruffen. Zum Schluss krute verschidde Leit ee klenge Cadeau als Merci fir hir während der Saison geleeschten Aarbecht.

Zum Schluss vun der Generalversammlung huet de Buergermeeschter Camille Hoffmann den IHCB fir seng Leeschtunge félicitéiert an eng Receptioun fir déi Beeforter Weltmeeschter ass am September virgesinn. Wat d'Vestiairë ubelaangt sou wäert geschwënn eng Décisioun getraff ginn.

De Comité setzt sech zesummen aus: Carlo Welter (President), Jean-Marie Funk (Vizepresident), Eric Wambach (Keessier), Michel Welter (Sekretär), Benny Welter a Marc Spautz (Memberen).

16. Juni

Ronn 600 musikbegeeschtert Fans hu sech beim **Rock am Duerf 2017** op der Äispist afonnt. Organiséiert gëtt Rock am Duerf vun der Asbl PaprikArt an am Januar 2015 gouf d'Vereenegung vun e puer Kollegen gegrënnt. Si huet hire Sëtz zu Déiljen. D'Grondiddi ass fir Manifestatiounen hei zu Beefort ofzehalen an dat op der Äispist, déi ausserhalb vun der Wantersaison onbenotzt ass.

Beim Rock am Duerf steet "Kölsche Musik" am Mëttelpunkt. No "Brings" d'lescht Joer ëm dës Zäit stounge bei der 2017er Editioun "Cat Ballou" a "Kassala" op der Bühn. Vun de 600 Zuschauer sinn der vill aus dem noen Grenzgebitt komm an och op Köln selwer goufen d'Entréesticketen am Virfeld geschéckt.

17. Juni

Wien de Weekend beim Hotel Meyer laanscht gaangen oder gefuer ass, dee konnt eng Rei britesch Oldtimeren gesinn. De "British Sports Car Owners Club" huet seng traditionell Sortie (British Sports Car Days 2017) gemeet an dëst Joer stoung Beefort am Mëttelpunkt.

18. Juni

Nieft dem Rock am Duerf op der Äispist an den zwee Concerten am "Ristorante Ballanti" am Kader vun der Zéng-Joer-Feier de ganze Weekend gouf et mat engem **Volleksfest vun der Vereenegung "GSRC Fiolhoso de Beaufort"** weider musikalesch Optrëtter.

E Samschdeg den Owend sinn zwou Gruppen opgetrueden: fir d'éischt "Minhotos Marotos" aus Portugal an duerno "Os Onda Nova" aus der Schwäiz. Sonndes stoungen um Programm eng Matinée mat "Os Onda Nova" an am Nomëtteg hu "Cantares da Regiao de Bastos" gesongen an zum Schluss huet de Folklorgrupp "Os Minhotos de Echternach" eng Virféierung presentéiert. Op engem Écran ass och de Fussballmätch Portugal géint Mexiko gewise ginn.

22. Juni

D'technesch Problemer si behuewen an d'Schwämm ass rëm op fir dës Saison.

22. Juni

Um **Virowend vum Nationalfeierdag** hunn d'Festivitéite mat engem Te Deum an der Porkierch ugefaangen. Nom Gottesdéngscht, dee musikalesch vun der Beeforter Chorale Ste Cécile gestallt gouf, huet de Buergermeeschter Camille Hoffmann virun der Gemeng eng Ried gehal.

D'Theme woren ë.a. déi aktuell allgemeng a politesch Situatioun an Europa an zu Lëtzebuerg an ët gëllt sech verschiddenen Erausfuerderungen ze stellen ewéi zum Beispill d'Flüchtlingskris. Vun den 2709 Awunner zu Beefort sinn 78 Flüchtlingen an dovu ginn 19 Kanner an d'Schoul. Et ass déi leschte Kéier, datt sech de Gemengerot an dëser Zesummesetzung bei de Feierlechkeeten zum Nationalfeierdag presentéiert huet. Bekanntlech sinn den 8. Oktober Gemengewalen an an deem Zesummenhang huet de Camille Hoffmann ee Réckbléck op déi grouss Projete an och een Ausbléck op déi zukënfteg Investissementer gemeet.

Zum Schluss koumen nach puer Auszeechnungen bei de Pompjeeën. Geéiert goufen Liv Bintener, Marie Bintener an Hugo Martins (Bronze am Wëssenstest), Laura Sauber (Sëlwer am Wëssenstest), Guy Tholl an Etienne Vrolijk (Sëlwermedaile fir 20 Joer am Déngscht vun de Pompjeeën) an den Alex Pereira ("Croix de Mérite en Argent en récompense de ses bons services et du dévouement dont il fait preuve" an "Médaille de mérite en rosette, Member vun der Mutuelle des sapeurs pompiers" zënter 30 Joer).

Am Cortège ass ët weider an de Kummelsbau gaangen, wou eng Receptioun mat Éierewäin wor, déi vun der Gemeng an Zesummenaarbecht mat der Kulturkommissioun offréiert gouf. De Fuesclub vu Beefort huet duerno ee Bal organiséiert an de Groupe sportif, récréatif et culturel Fiolhoso-Beaufort huet Grillspezialitéiten verkaf.



24. Juni

Um Terrain bei der Äispist huet den Agility-Club "4 Running Paws" während dem ganze Weekend een **Agility-Turnéier** organiséiert, hiert zweet Summerturnéier.

A verschidde Kategorien agedeelt hunn d'Hënn een Hinderniss-Parcours misste sou séier wéi méiglech a feelerfräi iwwerwannen. Slalom, Sprangen an Tunnel sinn nëmmen e puer Schwieregkeeten, déi um Programm de ganze Weekend stoungen. Mat ganz vill Asaz hunn d'Meeschteschen an d'Meeschteren hire flénke Véierbeener Kommandoen ginn, datt se de richtege Wee um Parcours lafen an och dat entspriechend Hinderniss och iwwerwannen.

D'Präisiwwerreechung ass all Kéiers zum Ofschloss vum Dag iwwert d'Bühn gaangen.

28. Juni

Nit vill Chance mam Wieder haten am fréien Nomëtteg ronn 65 Kanner aus dem 5. a 6. Schouljoer. Et huet ee bësse gereent an d'Stroosse woren naass an dat wore keng ideal Conditioune fir d'Coupe scolaire ze fueren. Ënnert der Opsiicht vum Léierpersonal, den Elteren an der Police vun Iechternach hunn déi jonk Vëlosfuerer de prakteschen Deel vun Coupe scolaire gemeet. Beim theoreteschen Deel kréien d'Kanner d'Regele vum Code de la route erkläert an dee Cours gëtt mat engem Test ofgeschloss. Am prakteschen Deel gëtt d'Ëmsetzung vun de Regelen am Stroosseverkéier bewäert. Déi bescht Vëlosfuerer huelen dann un der grousser national Final deel.

D'Coupe scolaire gëtt iwweregens vun der Sécurité routière an Zesummenaarbecht mat de Gemengen, dem Léierpersonal an der Police Grand-Ducale organiséiert.

Mat 117 Punkte gewënnt d'Catherine Mendes déi Beeforter Coupe scolaire. Op déi zweet Plaz kommen d'Lena Schmit an den Timo Georg, déi all Kéiers 115 Punkten op hire Konto hunn.

Eng kleng Zesummefaassung fir déi kléng a grouss Vëlosfuerer an d'Elteren:
- Bis zéng Joer däerfen d'Kanner Vëlo fueren awer um Trottoir. De Vëlo gëtt an dësem Fall als eng Spillsaach ugesinn, grad esou ewéi eng Trottinette, Roller, Skateboard, asw.

- Vun zéng Joer un ass et de Kanner erlaabt op der Strooss an der Vëlospiste ze fueren an et sinn d'Elteren déi entscheeden, op hir Kand déi néideg Fäegkeet huet oder nit.

- Vu sechs Joer däerfen d'Kanner mam Vëlo op der Strooss fuere wa se vun enger Persoun, déi méi al ass ewéi 15 Joer, begleet sinn.

- Een Erwuessenen (18 Joer) däerf ee Kand vu manner ewéi aacht Joren mat op de Vëlo huelen wann dëse mat engem spezielle Sëtz mat Gurt an och Foussrasten équipéiert ass an/oder ee oder zwee Kanner manner ewéi aacht Joer an engem speziellen Unhänger, deen dësen Zweck regelkonform erfëllt an eng Vignette de conformité huet, deen ee bei der Umellung beim Contrôle technique kritt.

- "Cycles traînés" mat engem Guidon, Pedallen an engem Rad, dat Kontakt mat der Strooss huet a vun engem Erwuessenevëlo gezu gëtt mussen hir eege Beliichtung hunn.

Ee Vëlo muss folgend Saachen hunn: eng Schell, zwou Bremsen, wäiss oder giel Luuchten (vir), op mannst zwee Reflektere pro Rad, Reflektere op de Pedallen, ee roude Reflekter (hannen), ee giele Band an hannen eng rout Luucht. Bei de Mountainbiken kann déi viischt Luucht duerch ee wäisse Rückstrahler ersat ginn an déi rout Luucht hannen ass nit onbedéngt néideg wann een dagsiwwer fiert an d'Witterungsbedingungen et erlaben.

Wéi gëtt gefuer?

• An enger Uertschaft: ëmmer een hannert dem aneren.

• Ausserhalb der Uertschaft: Zwee Vëlosfuerer duerfen nieftenee fueren allerdéngs ouni sech ze zéien oder zéie loossen. An de folgende Situatioune musse se een hannert dem anere fueren:

- Wann een Auto entgéint kënnt oder si iwwerhëlt;

- Op de Kräizungen, Ofzweigungen a Jonctiounen;

- Virun a op de Bunniwwergäng;

- Wann een enger Kopp oder engem Hiwwel ëmmer méi no kënnt;

- An de Kéieren;

- Nuets a bei schlechter Siicht.

Et ass verbueden mam Vëlo um Trottoir ze fueren. Et Vëlosfuerer, dee säi Vëlo dréckt, kann um Trottoir goen. Am Fall, datt keen Trottoir do ass an de Vëlosfue-

rer säi Vëlo dréckt, da muss hien op der rietser Stroossesäit goen.

Eng Helmpflicht gëtt et net mais et gëtt ganz ferm geroden een Helm unzedoen. Een Drëttel vun de Leit, déi no engem Vëlosaccident an enger Klinik behandelt ginn, hu Kappverletzungen. Een Helm ka bis zu 80 Prozent vu sou Verletzunge verhënneren.

Zum Schluss eppes ganz Wichteges: De Code de la Route anhalen an dozou zielt och ee "Sens interdit" ewéi zum Beispill an der Rue Kummel. Hei kënnt et regelméisseg zu brenzelege Situatioune well verschidde jonk Vëlosfuerer ouni ze kucken de falsche Wee erofrennen.

Weider a méi ausféierlech Informatioune ginn et um Internetsite vun der Sécurité routière
www.securite-routiere.lu
> Piéton-Cycliste > Enfant Cycliste.

JULI 2017

30. Juni

De Bilan vun de **Beeforter Pompjeeë** fir déi éischt sechs Méint vum Joer: 30 "First Responder"-Asätz, 16 technesch Asätz (Beem op der Strooss (5), Accident (3), Hëllefsleeschtung bei enger Ambulanz (3), Uelegspuer (2) an nach Waasserschued, Türöffnung a Harespelen ewechmaachen) an nach sechs Bränn (Sickerbrand a engem Haus (2), Feier am Gaart (2), eng Poubell, déi beim Schlass gebrannt huet an eng Ënnerstëtzung bei de Pompjeeë vu Reisduerf bei engem Bëschbrand).

Des Weideren goufen zéng Übungen, fënnef Membereversammlungen an dräi Comitéssëtzungen ofgehalen. An de folgende Formatiounen hunn déi Beeforter Pompjeeën deelgeholl: Brand-Technischer Lehrgang 1: fënnef Pompjeeën, Atemschutzgeräteträger: véier Pompjeeën an ee Jugendleederléiergank.

1. Juli

Vum 1. bis den 31. Juli stellen am Ganzen néng Fotografen hir Fotoen a Biller an der Fielser Buerg aus an dat sinn de Gianni Del Bianco, Jean-Luc Schaeffer, Monique Mathieu, Lis Weber, Dan Katzenmeier, Norb Kimmel, Fernand Schiltz, Ren Spautz an de Jos. Nerancic vu Beefort.

Seng **Biller weisen d'Beeforter Schlass an de verschidde Faarwen**. Si sinn entstane bei de Concerten vun Amy MacDonald, Alan Parsons, Chris de Burgh a James Blunt am Kader vun de „Rock Classics @ Beaufort Castle" an de leschte Joren a bei de „MagiCastle Nights" am Abrëll dëst Joer. D'Biller sinn op Alu Dibond Butlerfinish a wéinst dësem Material ass et ganz interessant fir d'Biller och vun der Säit unzekucken, wou ee Reflektiounen a metallesch Effekter gesäit.

2. Juli

Nit grad vum Summerwieder begleet wor d'**Summerfest vun de Pompjeeën** beim Kiosk. Den Dag huet ugefaangen mat engem Aperitif mat Mëttegiesse vum Grill (Schnitzel oder een halwe Poulet mat Gromperen an Zalot) an de Grill wor de ganzen Dag ubliwwen.

Am Nomëtteg gouf et praktesch Virféierunge vun de Pompjeeën a Jugendpompjeeën an och Animatioun fir d'Kanner wor gesuergt. Am Virfeld vum Summerfest konnt een seng Feierläscher kontrolléiere loossen. Freides am Nomëtteg huet een de Feierläscher an de Pompjeesbau ofginn an d'Pompjeeën hunn deen den Dag drop de Leit zréckbruecht.

2. Juli

D'Kulturkommissioun Beefort war **"Konscht am Gronn"** besichen. Am Stater Gronn, op der Uelzecht-Bréck, hu verschidde Kënschtler hier Wierker ausgestallt ewéi zum Beispill Keramik, Biller an Aarbechten am Holz.

Nodeems si dat alles gesinn hunn, ass et mam Lift op de Plateau St. Esprit gaangen an da weider bei d'Gëlle Fra. Do sinn e puer Leit mam City Skyliner gefuer a si hunn dee Super-Panorama-Bléck genoss. Mat sengen 83 Meter ass hien den héchsten mobillen Aussiichtsturm op der Welt.

Duerno goung de Programm weider mat enger Visite am Naturmusée an der Wallfahrtskiirch am Gronn vun der Schwaarzer Muttergottes. Am Neimënster war bei engem gudde Patt den Ofschloss vun deem schéine Nomëtteg; trotz dem Reen dach e ganz flotten, kulturellen Nomëtteg.

8. Juli

D'**Joergäng 1954 bis 1957 vu Beefort** hu sech Rendezvous gi fir hire véierte Konveniat. Den Treffpunkt war op der Gemeng, wou den Éierewäin offréiert gouf. Virun 12 Joer huet sech dës Joergäng fir d'lescht zesumme gesinn an de Buergermeeschter Camille Hoffmann huet hinnen erkläert, wat zanter dem leschten Treffpunkt an der Gemeng sech alles verännert huet. Um Programm stoungen nach d'Besichtegung vum Schlass an een Owesiessen zu Wallenduerf. Organiséiert gouf de Konveniat vum Marlyse Felten, Antoinette Weber, Marianne Erpelding, Ed Dostert an de Misch Mossong.

10. Juli

D'véiert Schouljoer vum Betty Helminger war d'Gemeng besichen. Direkt am Agank goufe se vum Sekretär Georges Rischette begréisst an op een Thema ugeschwat: d'Krunnewaasser. D'Gemeng Beefort bezitt d'Waasser aus de Quellen am Mëllerdall an ass soumadder vun der Sebes mat hirem Waasser aus dem Stauséi onofhängeg.

No engem klengen Ofstiecher mat Erklärungen am Populatiounsbüro beim Sandra Michels hu sech d'Schüler am Sëtzungssall installéiert an hei konnte sech d'Kanner direkt vun der ausgezeechenter Qualitéit vum Beeforter Krunnewaasser iwwerzeegen. Gläichzäiteg huet de Georges Rischette den opmierksame Kanner eng Rei Informatiounen iwwert d'Gemeng, hir Geschicht a wéi se funktionéiert ginn an och d'Personal mat hiren jeeweilegen Aufgabe gouf virgestallt. Interessant ass ze wëssen, datt an der Gemeng Beefort 2.724 Leit wunnen, déi op 56 Nationalitéite verdeelt sinn.

Wéi al ass Beefort? Wat bedeit de Wopen? Wat muss ee maache fir op der Gemeng ze schaffen? Dat waren nëmmen dräi vu ville Froen, déi d'Kanner gestallt hunn an heiansdo war et nit ëmmer einfach fir direkt op d'Fro ze äntweren.

Fir d'Thema Krunnewaasser ofzeschléissen gouf nach eng Visite vum Waasserbaseng gemeet. Den Andy Wagner huet de Kanner erkläert ewéi d'Waasser vun der Quell an dëse Baseng kënnt. Siwe Kilometer huet d'Waasserleitung an duerno gëtt d'Waasser an déi verschidde Stéit vu Beefort weidergeleet.

12. Juli

Am Hotel Meyer hunn d'Beeforter Senioren **"Happy Birthday"** gefeiert. Geéiert goufen d'Membere mat engem ronne Gebuertsdag:

75 Joer: Rita Simon-Schley, Lily Kolmesch-Manternach, Karel Friederich, Rob Koerperich, Johny Kolmesch, Eliane Richartz-Wagener, Juliane Muller, Ingrid Raasch, Alix Steines-Braun.

80 Joer: Jean-Marie Galmiche, Jacqueline Gierten-Meyer, Anne-Marie Koerperich-Dillenburg, Lucie Thielen-Marceloni.

85 Joer: Maisy Palz-Hammer, Marie-Louise Lenertz-Kugener, Pierre Majerus, Albertine Meyer, Lucien Schiltz, Marguerite Raus-Welter, Carlo Scheier, Ria Schroeder-Wallers.

90 Joer: Léonie Seyler-Hartz, Gerty Theisen-Piren, Anna Boentges-Karpen.
Ee Kaddo krut och den eelste Member vun de Beeforter Senioren: Marie Bartimes-Polfer (97 Joer).

15. Juli

D'Elterevereengung Beefort mat der Ënnerstëtzung vun den Dagesmammen, der Gemeng a ville fräiwëllegen Elteren hunn zum Ofschloss vum Schouljoer 2016/2017 an den Ufank vun der Summervakanz d'**Schoulfest** organiséiert.

Um 16 Auer huet d'Kanneranimatioun um Kiosk ugefaangen an d'Kanner haten d'Auswiel tësche Bobbycars-Parcours, Rollenrutschbahn, Waasserbaustell, Powerwall, Airbrush Tattoo, Sprangschlässer, Pirate Shooter, Seefekëschten, Gesellschaftsspiller, Jongléieren a villes méi.

Selbstverständlech war och fir Iessen an Drénke gesuergt ewéi zum Beispill Pizza, Gyros, Spezialitéite um Grill, Eisekuchen an Zockerwatt. Leider huet de Reen der flotter Manifestatioun ee fréizäitege Schluss gemeet mais dat Fest war nit nëmme fir d'Kanner ee flotten Dag.

16. Juli

D'Amicale Beaufort an d'Duerfveräiner hunn op d'traditionellt **Schlassfest** invitéiert. An enger flotter mëttelalterlecher Atmosphär am Gaart vum Beeforter Renaissanceschlass gouf um Virowend vum Fest ee Ritteriessen zerwéiert.

Sonndes huet den Dag mat enger Mass ugefaangen a virum Mëttegiessen (Fierkel um Spiiss) gouf ee Concert-Apéritif gespillt. Nieft dem Schlassmaart mat verschiddenen Ateliers protégés an der Amicale Beaufort hunn eng Rei Concerten fir Ënnerhalung gesuergt: den Nico Haupert, de Grupp "Schoklasbotter" vun der Ligue HMC an d'Cäcilias Töchter aus Meckel.

Am Nomëtteg huet de Ritter Sigi eng Visite guidée vun der Buerg gemeet a "Via Nobilis" huet ee mëttelalterleche Camp ugebueden an Animatioun fir d'Kanner gesuergt.

Zum Schluss gouf d'Tombola gezunn an den Erléis ass fir Mënschen mat enger Behënnerung.

18. Juli

Vum 18. bis den 28. Juli haten eng ronn 4.000 Scouten aus aller Welt hier Zelter um Kirchbierg opgeschlo, fir zesummen um **„GoUrban“** deelzehuelen. D'Beeforter Wëllefcher (7 bis 11 Joer) souwéi d'Avex (11 bis 14 Joer) waren och mat derbäi fir während fënnef respektiv zéng Deeg de Camp matzëerliewen, fir Spaass ze hunn a friddlech beieneen ze sinn.

De ganze Camp war als Stad opgebaut. Sou sinn et néng Quartieren ginn, dorënner de Wollefsbierg, wou d'Wëllefcher an Tipiën geschlof hunn an Hamburg, wou d'Avex hier Zelter opgeschloe haten.

D'Konzept vum Camp huet op der nohalteger Entwécklung baséiert. Partizipatioun, Oppenheet an Ganzheetlechkeet waren wichteg Grondsätz vum Camp. Och ass d'Iddi vum selbstännege Funktionéiere grouss geschriwwe ginn, eben wéi et an engem Duerf oder an enger Stad och ofleeft.

Dës huet fir d'Avex geheescht, datt si selwer sech Gedanken hu missen maachen iwwert hiert Iessen an dat wat se an de „Supermarché“ akafe gaang sinn. Dono huet et geheescht, um Holzfeier vun der selwer gebautener Kichen kachen a brachen an natierlech och Spullwaasser opsetzen fir herno kënnen Dëppe, Panen a seng eege Gamelle ze spullen. Giess gouf zesummen um selwer gebautenen Dësch.

D'Wëllefcher hu während fënnef Deeg gréisstendeels op der Campplaz gelieft, sinn zesummen an d'grousst Kichenzelt iesse gaang a konnten, grad wéi d'Avex och, un Aktivitéiten deelhuelen, déi si interesséiert hunn. Si konnte fräi aus de fënnef Beräicher "Go Creative", "Go Mind & Spirit", "Go Social", "Go Adventure" an "Go Nature" auswielen.

Hei zu deenen eenzelen Beräicher e puer Beispiller: "Go Creative": Mosaik maachen, ee Food-Truck bedreiwen, Skulpturen aus Pappmaché maachen oder e Graffiti-Rallye maachen; "Go Mind & Spirit": Yoga Relaxation, Zen-Garten, Makerspace (selwer digital Projets ëmsetzen); "Go Adventure": Klotteren am Kübi (8 Meter), Omnisport an der Coque, Let's Dance, Bouschéissen; "Go Social": Wäschposche bitzen fir Catch a Smile, Stationen einer Flucht, Instant-Theater; "Go Nature": Farm Day, Konschtwierker aus Lehm, Outdoor-Küche, De Reewuerm... .

Fir d'Avex huet et awer och nach "GoHike"geheescht. Sou sinn d'Avex mat hierem Rucksack, der Carrymat an dem Schlofsak während zwee Deeg am Land ennerwee gewiescht an hunn owes auswärts ënnert enger Plan geschlof. Och en Ausfluch ënnert dem Thema "GoExplore" stung um Programm. Hei konnten z.B. d'Héichiewen, eng vun de Minnen, e Wäibierg oder de Flughafen besicht ginn.

Alles an allem waren et erliefnisräich Deeg, bei deenen d'Wëllefcher an d'Avex vill nei Frënn kenne geléiert hunn a vill Neies entdeckt hunn.

Lenks Patt
Léif Scoutsgréiss
Marc Kohl

22. Juli

D'Victory Riders Luxembourg hunn déi zweet Editioun vun den **„Hardball Biker Days"** organiséiert. Während dem ganze Weekend wor den Zentrum vu Beefort beim Kiosk fest an der Hand vun de Bikers, déi just op den éischte Bléck ewéi "ganz béis Jongen a Meedercher" ausgesinn mais am Fong geholl si se ganz fei Leit. Samschdes hunn eng 60 Biker een 160 Kilometer laangen Tour duerch ganz Lëtzebuerg gemeet. Et wor impressionant ewéi se kuerz op 17 Auer op Beefort zréck komm sinn a vill Leit hu sech déi verschidde Motorrieder ugekuckt, déi zum gréissten Deel nom individuelle Goût ugepasst goufen.

De Musiksowend gouf mat de "Spirit op the Highlands" ageleet an duerno koum d'Grupp "Sinsemilla Drive". Zum Schluss vun hirem Optrëtt huet et ugefaange mat reenen a vill Leit hunn de Site verlooss an esou konnte se nit déi belsch Grupp "Night Fire" gesinn.

De ganze Weekend wor fir Animatioun an Ënnerhalung gesuergt a vill Motorradsfuerer sinn op Beefort komm fir sech de Spektakel unzekucken.

23. Juli

Béis Iwwerraschung de Moie géint 7.30 Auer fir d'Mataarbechter vum Beeforter **Syndicat d'initiative et du tourisme (SITB)**: An der Nuecht vun e Samschdeg op Sonndeg gouf an hire Büro agebrach an de Schued ass zimlech héich. Nieft dem Büro vum SITB sinn hei och nach d'Rezeptioun vum Camping Plage an d'Entreeskeess vun der Schwämm ënnerbruecht.

Laut Zeienaussoe konnt den Abroch géint 4 Auer moies geschitt sinn well se ëm déi Zäit Kaméidi héieren hunn. Riets laanscht d'Gebai sinn d'Abriecher iwwert d'Clôture geklotert an hunn hannen am Gebai den ënneschten Deel vun der Dir vum Büro mat engem Bolzeschneider opgemeet. Versicht gouf och op aner Plazen d'Dieren a Fënsteren opzekréien.

Am Büro selwer hu se kee gréissere Chaos hannerlooss a verschidden Indice schléissen nit aus, datt sech deen oder déi Abriecher an dëse Raimlechkeete relativ gutt auskennen. De Schlëssel vum Safe gouf zum Beispill direkt fonnt a si sinn ouni Ëmweeër bei de Safe gaangen an hunn deen eidel gemeet. Nëmme Geld gouf geklaut a keng Pabeieren oder Ähnleches.

D'Police vun Iechternach wor dann de Moien op der Plaz an huet d'Spure geséchert. Jiddereen, deen eppes Opfälleges gesinn oder Verdächteges héieren huet, ass gebieden et der Police Iechternach um Telefon 244 72 – 200 oder 113 ze mellen.

27. Juli

Beefort krut Besuch aus Beaufort an Ëmgéigend, méi genau **Beaufort-en-Anjou**. Zanter dem 1. Januar 2016 sinn déi fréier Gemenge Beaufort-en-Vallée a Gée zu Beaufort-en-Anjou fusionéiert a si leien am Departement Maine-et-Loire am Pays de la Loire. D'Initiativ vun dëser Visite koum vum Michel Taugourdeau, de fréiere Präsident vun der Associatioun "Rassemblement des Beaufort". Zu enger 20 Leit maache se eng Visite zu Lëtzebuerg an um hire Programm stounge Velofueren a Wanderen. No enger Receptioun op der Gemeng an engem Mëttegiessen beim Hotel Meyer hu se d'Schoul, d'Jugendherberge, d'Äispist an d'Schlass besicht. Un dësem Rendezvous hu sech och e puer Beeforter bedeelegt, déi zum feste Bestanddeel vun de "Rassemblement des Beaufort" gehéieren: Margot Flammang, Monique Trentin a Paul a Liette Riehl. Erënnere mer drun, datt d'nächst Joer de "Rassemblement des Beaufort" hei zu Beefort ofgehale gëtt. Den Datum steet och fest an zwar den 8., 9. an 10. Juni 2018.

27. Juli

De Reen huet dofir gesuergt, datt d'Leit op d'**Indianerfest am Tipiduerf um Camping Plage** méi spéit komm sinn ewéi virgesinn. Géint 19.30 Auer, ronn annerhallef Stonn nom Ufank, hunn ëmmer méi Leit de Wee an dëse flotten Eck vum Camping fonnt a ganz no beim Bësch war d'Fest vum Syndicat d'initiative et du tourisme Beaufort organiséiert ginn.

Beim Ponyreiden duerch de Bësch hu sech d'Kanner gutt amuséiert an d'Grupp "The Roadrunners Country Band" war fir déi musikalesch Ënnerhalung zoustänneg. Spezialitéite vum Grill hunn hiren Deel fir déi néideg Stäerkung beim Patt a gudder Stëmmung bäigedroen.

AUGUST 2017

1. August

De Virowend sinn däischter Wolleken iwwer Beefort gezunn an déi ganz Nuecht waren e puer **Donnerwiederen**, déi d'Leit aus dem Schlof gerappt hunn. Trotzdem war et ee flott Liichtspektakel, déi d'Natur eis gebueden huet.

6. August

Een Mee ass e färdeg an op dësem Dag ageweit ginn: den **Holzsteeg** hannert dem Schlass a Richtung Klëngelbour. Den Holzsteg um Mullerthal Trial vun enger Längt vun 100 Meter huet och eng Aussiichtsplattform, vu wou een d'Récksäit vun der Buerg gesäit. Dat verschaffte Holz ass aus der Regioun (Holz vun hei) an op enger Plaz goufen e puer Baguette ausgelooss fir datt Schof nit fortlafe kënnen.

Nieft der Aweiung vum Holzsteg, deen och den Trottoir laanscht d'Strooss fir bei d'Schlass entlaaschte soll, war et och den Ofschloss vum Projet "Wanderschäferei", deen 2013 fir déi éischte Kéier als Versuch gestart ass. Heibäi ginn d'Schof als Rasemäher agesat an esou ginn eng 65 Hektar Gréngfläche vun der Schäferei Weber bewirtschaftet. Ee flotten Nieweneffekt: De Som vu Planzen, déi schützewäert a vum Ausstierwe bedrot sinn, verfänkt sech an hirem Pelz a gëtt op an anere Plaze weidergedroen.

Déi lescht Etapp vun der Schofswanderung ass vun der Heringermillen op Beefort gaangen, wou de Bilan gemeet gouf. Ënner anerem a Präsenz vun der Ëmweltministesch Carole Dieschbourg, dem ORT-President Marc Diederich an dem Buergermeeschter Camille Hoffmann gouf de Holzsteg zum Schluss ageweit.

11. August

Eng Police-Meldung op Facebook:

11. August

D'lescht Joer hu sech eng 40 Schmatten aus der ganz Europa zu Beefort fir hir fënneft internationaalt Treffen afonnt, dat verbonne war mam **20. Jubiläum vun hirer Confrérie "Hephaistos"** . Haut sinn d'lëtzebuerger Schmatten op Beefort komm an hunn ee Co-Projet virgestallt an als Merci hu se de Beeforter Schlassfrënn ee Kado iwwerreecht.

11. August

Concert um Kiosk mat de "Mëllerdall Sound Devils", eng lëtzebuerger Coverband mat internationalem Programm. D'Grupp setzt sech zesummen aus Lisa Mariotto, Rom Thielen, Claude Juchem, Didier Wein a Sylvain Rock.

12. August

Nit grad vum gudde Wieder begleet wor déi **fënneft Editioun vum BRB (Blues 'n Rock Beaufort)**, deen um Site vun der Reitschoul iwwert d'Bühn gaangen ass a vun de Beeforter Theaterfrënn organiséiert gouf. Opgetruede sinn ab 17.30 Auer folgend Gruppen: „The Backscratchers", „Dizzy Picture", „Fred Barreto Group" an „The Carps", déi zanter Joren erëm zesummen opgetruede sinn.

Trotz dem schlechte Wieder hunn eng Rei Leit de Wee op Beefort fonnt a fir eng gutt Stëmmung gesuergt. Hei e puer Andréck vum flotte musikaleschen Owend.

13. August

36 Stänn ware vertruede beim **Summermaart** beim Kiosk, dee vum Syndicat d'initiative et du tourisme zesumme mat de Veräiner aus der Gemeng organiséiert gouf. Am Géigesaz zu de Manifestatiounen e Freidegowend a Samschdegowend zu Beefort huet et dës Kéier net gereent an am spéiden Nomëtteg war et dann esou richteg summerlech, passend zum Numm Summermaart. Vu 10 bis 18 Auer hu vill Leit e puer flott Stonnen an engem gemittleche Kader verbruecht a sech bei Musek, engem Patt an där enger oder anerer Verstäerkung amuséiert.

19. August

An engem klenge Kader gouf an der Jugendherberge de **Léiergang NaturCoach** ofgeschloss. De Zertifikatsléiergang huet 14 Seminardeeg mat 112 Unterrichtsstonnen an eng Projektaarbecht ëmfaasst. Dat Ganzt gouf vun der Kräuterakademie School of Herbalists – Gundermann-Naturerlebnisschule certifiéiert. Stellvertriedend fir d'Gemeng huet Lily Scholtes Zertifikaten iwwerreecht an zwar un d'Maria Bauer, Jeanne Bauler, Birgitt Fischer, Josiane Glodt-Schiltz, Tanja Heck-Lulling, Brigitte Herr, Andrea Ludovicy, Katrin Niedermeyer, Brigit Pfaus-Ravida, Anke Rosin, Yolande Theis an Ulla Thielen.

Den NaturCoach ass een certifiéierte Parner fir Spillschoulen, Crèchen, Schoulen, Ganzdagsschoulen, Vakanzeprogrammen, Ariichtunge fir Weider- an Erwuessenebildung, Seniorenheimer a Fleegehaiser, Tourismus a weider Beräicher.

Weider Informatioune ginn et um Internetsite www.gundermannschule.com

29. August

Ee vun den **traditionelle Rendezvouse op der Schueberfouer ass de Buergermeeschterdag**. Dëst Joer hu sech net manner ewéi 33 Buergermeeschteren aus dem ganze Land getraff. Vum neien Theater ass et eriwwer op d'Schueberfouer gaangen. No enger Stäerkung am Schwarzwaldchristel hunn d'Buergermeeschteren een Tour iwwer d'Fouer gemeet a sech op de verschidde Spiller gutt ameséiert. Ofgeschloss mat engem Tour um Riserad.

Domadder war den Dag awer net eriwwer. Si all hunn an de verschiddene Restaurante de Service gemeet an den Erléis gëtt fir ee gudden Zweck gespent. Eise Buergermeeschter de Camille Hoffmann huet säin Déngscht zesumme mam Christine Schweich (Gemeng Monnerech) an Ernest Walerius (Gemeng Bäertref) am Schwarzwaldchristel gemeet.

ADMINISTRATION COMMUNALE DE BEAUFORT

9, rue de l'Eglise
L-6315 Beaufort
Tel. 83 60 45 – 1

méindes, dënschdes a freides : 8.30 – 12.00 / 14.00 – 16.30
mëttwochs: 8.30 – 12.00 / 14.00 – 20.00
donneschdes: 8.30 – 12.00

Sekretariat
Georges Rischette : 83 60 45 – 22
Tessy Pena : 83 60 45 – 26

Service technique
Jean-Paul Genson : 83 60 45 – 25 / 621 266 581
Claire Picard: 83 60 45 – 27

Etat civil & indigénat
Mike Hertges : 83 60 45 – 23

Recette
Sonja Fetler: 83 60 45 – 24 (dënschdesmëttes zou)

Populatiounsbüro
Sandra Breser-Michels : 83 60 45 – 20 (méindes, dënschdes a mëttwochmoies)
Eliane Donven-Seiwert : 83 60 45 – 20 (mëttwochs, donneschdes a freides)

OFFRES D'EMPLOIS SAISONNIERS

Le Syndicat d'Initiative et du Tourisme de Beaufort recherche des collaborateurs sur base horaire pour les travaux suivants:

- Aide à la caisse (patinoire en hiver et piscine en été)
- Maître-nageur (été)
- Entretien de la glace à la patinoire (28.10.17 – 04.03.18)

Si vous êtes intéressé(e), nous vous prions de bien vouloir nous envoyer un CV ainsi qu'une lettre de motivation à sitb@pt.lu.

SAISONAL BEFRISTETE STELLENANGEBOTE

Das Syndicat d'Initiative et du Tourisme aus Beaufort sucht Mitarbeiter auf Stundenbasis für folgende Tätigkeiten:

- Aushilfe an der Kasse (Eisbahn im Winter und Schwimmbad im Sommer)
- Bademeister (Sommer)
- Aufbereitung des Eises auf der Eisbahn (28.10.17 – 04.03.18)

Falls Sie Interesse haben, dann senden Sie uns bitte Ihren Lebenslauf sowie einen Begleitbrief an sitb@pt.lu.

PATINOIRE BEAUFORT

Patinoire Beaufort

Öffnungszeiten Schlittschuhlaufen:

Di 13-18 Uhr, Mi-Fr 13-19 Uhr,
Sa 11-19 Uhr, So 10-19 Uhr,
Montags geschlossen (außer während der Schulferien)

Saison 2017 - 2018:
28.10.2017 - 04.03.2018

Ice Hockey Matches : www.ihcbe.lu
Ice Karting (mit Reservierung)

Für Schulklassen und größere Gruppen auf Anfrage Di-Fr von 8-12 Uhr geöffnet.

Eislaufkurse für Kinder und Erwachsene: DI + DO (mit Reservierung)

Weihnachtsferien :

24. & 31.12.17: 11-16 Uhr
25.12.17: geschlossen
16.12.17 - 01.01.18: 11-19 Uhr

Syndicat d'Initiative et du Tourisme Beaufort
87, Grand-Rue | L-6310 Beaufort | Tél. : +352 83 60 99-302
www.patinoire-beaufort.lu • www.campingplage.lu
email: beaufort@pt.lu

S. I. T. Beaufort Dillingen - Grundhof